Grand-Duché de Luxembourg

# CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Compte rendu des séances publiques

Session ordinaire 1991-1992

77e séance, mercredi 1er juillet 1992
78e séance, mercredi 1er juillet 1992
79e séance, jeudi 2 juillet 1992
80e séance, jeudi 2 juillet 1992
81e séance, mardi 7 juillet 1992
82e séance, mercredi 8 juillet 1992

No 16/91-92

## 77e séance (Suite)
## Mercredi 1er juillet 1992

*Présidence*

*Mme Erna Hennicot-Schoepges, Présidente*
*M. René Kollwelter, Vice-Président*

*Ordre du jour*

2. Projet de loi 3601 portant approbation du Traité sur l'Union européenne et de l'Acte final, signés à Maastricht, le 7 février 1992 *(Discussion générale) (Suite).*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jacques Santer, Premier Ministre; M. Jacques F. Poos, Vice-Premier Ministre; MM. Jean Spautz, Jean-Claude Juncker, Johny Lahure et René Steichen, Ministres; M. Georges Wohlart, Secrétaire d'Etat.

*(Début de la séance publique à 8.32 heures)*

**2. Projet de loi 3601 portant approbation du Traité sur l'Union européenne et de l'Acte final, signés à Maastricht, le 7 février 1992** *(Suite)*

*Discussion générale (Suite)*

**M. Jean Huss** *(GAP) (Suite).*- Déi blamabel ekologesch Virstellung, déi eis Regirungsvertrieder an och déi europäesch Regirungen um rezenten Emwelt- an Entwécklungssommet vu Rio geliwwert hun, léisst a Saache Klimaschutz, Ozonlach an Aartestierwen, mä och a Saachen Entwécklungshëllef an Hongerkatastrophen am Tiers Monde, wann iwwerhaapt, héchstens nach minimal Hoffnungen zou.

D'EG huet zu Rio an hire Rapporen zur Aussewelt, an hire Rapporen zu Emwelt- an Entwécklungsproblemer kläglech versot a sech hanner d'USA verstoppt.

A grad dës rezent Entwécklung aus dene vergaangenen 2 bis 3 Woche werft e bezeechnend Liicht op déi puer schéin Emweltschutzformuléierungen an de Maastrichter Verträg, an déi zum Deel grad esou schéin allgemeng ekologesch Formuléierungen, déi een am rezente Kommissiounspabeier vum 3. Abrëll 1992 iwwer en neien Aktiounsprogramm vun der Kommissioun a Saachen Ekologie an Emweltschutz ka liesen, wou den Titel as: „Für eine dauerhafte und umweltgerechte Entwicklung".

Hei as dat Dokument. Ech hun et och an dene leschten Deg nach eng Kéier am Detail duerchgekuckt. Iwwerall an deem Dokument sti schéin ekologesch Formuléierungen. D'Realitéit vun der ekologescher Krisenentwécklung as awer leider eng aner.

No dëse puer méi allgemenge Considératiounen, déi améngen Aën awer noutwendeg waren, fir dee méi globale Kontext duerzestellen, an deem sech eis Diskussiounen ëm Maastricht hei bewegen, elo méi prezis eis Aschätzungen iwwer déi eenzel Aspekter vum Traité, sief et d'Union monétaire, sief et d'Union politique, d'Sozial-

unioun, de Verbraucherschutz an esou virun, an zum Schluss vu ménger Interventioun och zu där ondemokratescher Aart a Weis, wéi dësen Traité elo hei am Schnellverfaren duerchgebaatscht soll gin.

Ech wëll fir d'éischt nach eppes inhaltlech kloerstellen. Ech wëll dat kloerstellen, well CSV-, a virun allem LSAP-Spriecher op eng peinlech Aart a Weis versicht hun, déi negativ Haltung vun de Gréngе vis-à-vis vun de Maastrichter Verträg an een an dat selwecht Dëppen ze geheien, mat reng nationalisteschen oder poujadistesche Bewegungen, déi d'Citoyenneté européenne an d'Auslännerwalrecht oflenen.

Ofgesinn dovunner, datt et scho méi wéi peinlech as, wéi defensiv CSV an LSAP 1989 schon, an haut erëm, selwer an dëser Fro vum Walrecht argumentéieren, oder soë mer besser, lavéieren, wéi verzweifelt versicht gët, iwwer allméiglech Derogatioune fir Lëtzebuerg ze erreechen, dass dat Walrecht op kommunalem Plang zwar am Prinzip um Pabeier accordéiert gët, an der Praxis awer duerch all déi ugestrieften Derogatiounen erëm gréisstendeels vidéiert gët, also ofgesinn dovunner, soë mir als Gréng ganz kloer, datt eis Oflenung vun de Maastrichter Verträg näischt, mä absolut näischt mam Auslännerwalrecht ze din huet.

Mir hun op eiser rezenter Pressekonferenz och nët gescheit, däitlech an aller Öffentlechkeet ze soen, datt mir an där Hinsicht e gutt Stéck méi wäit gaange wiren, zum Beispill, fir nëmmen eppes ze zitéieren, en faveur vu Matbiirger, déi nët aus engem EG-Land kommen.

Eleng schon aus deem Grond, dir Dammen an dir Häre vun de Majoritéitsparteien, wäerd et Iech och nët gelénge, iwwer esou bëlleg Polemiken d'Bevölkerung ze iwwerzegen, déi Gréng géife mat den Nationalisten oder Rassisten un engem Strang zéien!

Et gin iwwer dës Polemik eraus an eisen Aë genuch aner Grënn, firwat mir déi virleiend Accoren nët kënnen akzeptéieren. Mä fir eis och kloer vun där sougenannter DP-Oppositioun hei an der Châmber ze demarkéieren, géif ech betounen, datt et an éischter Linn an eisen Aën nët ëm d'Fro, oder besser gesot, ëm d'Polemik geet, ob déi Häre Poos, Santer a Juncker nët gutt genuch a Saache Citoyenneté européenne, Sëtz vun den europäeschen Institutiounen oder Sëtz vun der Zentralbank hei zu Lëtzebuerg an esou virun, verhandelt hätten. Am ganzen europäesche Gerangel a Feilschen, wie wat fir Institutioune kritt, do spillt evidenterweis keng europäesch Solidaritéit, scho guer nët mat klengen oder aarme Länner!

Dat hu mir nach virun e puer Deg erlieft um Sommet zu Lissabon, wou zum Beispill déi grouss a räich Natiounen - Däitschland a Frankräich - am Kader vun der Diskussioun vum Paquet Delors II nët bereet waren, dene véier äärmste Länner vun der EG direkt a méi staark ënner d'Äärm ze gräifen.

Well et an deem Europa vu Maastricht ëm national Egoismen a Machtstrukture geet, à well Lëtzebuerg nëmmen e ganz klengt Land as, soll d'DP, wann ech glift - eng DP, déi a leschter Zäit souwisou nëmme méi als Lobby vun Deler vum Lëtzebuerger Patronat hei an der Châmber agéiert - dach endlech ophale mat där bëlleger Demagogie, si hätten am Ausseministère oder si géifen am Ausseministère méi erreechen a Saache Sëtzfro oder a Saachen Zentralbank.

An ech wëllt och nach eng aner méi wéi peinlech Campagne zréckweisen, wéi se an der Propaganda vun der Lëtzebuerger Regirung, a gëschter nach vum CSV-Deputéierte Fernand Rau hei insinuéiert gin as: Do as mam propagandisteschen Hummer behaapt gin, wie géint Maastricht as, dee wir automatesch géint Europa a fir den Austrëtt vu Lëtzebuerg aus der EG!

Mir sin der Menung, dass dat absolut infam as. Et as nët nëmmen infam, et as komplette Blödsinn! An eisen Aë kënnen europäesch Verträg duerchaus an Deler oder an eenzelne Punkten, an zwar jidderzäit an aus denen ënnerschiddlechste Motiver, a Fro gestallt a modifizéiert gin. Mir erlaben eis ze soen, datt mir nët d'accord si mat enger „Vogel friss oder stirb„-Politik, wou et jhust heescht: Dir däerft jo oder neen derzou soen, mä iwwer d'Inhalter däerf een nët méi diskutéieren.

Mir hu kloer gesot, dass mir fir eng europäesch Unioun sin, mä datt mir fir eng Renégociatioun vun denen Traitéë sin - eis europäesch Frënn an denen anere Länner hun dat selwecht gesot - fir eng Renégociatioun op ekologeschen a soziale Punkten, op Punkte vum Verbraucherschutz, vun Demokratie an esou virun.

Wa mir polemesch wiren, da géife mer éischter soen: Wie fir Maastricht hei stëmmt, deen as a Wiirklechkeet géint Europa, well an eisen Aën d'Gefor ganz grouss as, datt déi forcéiert a vun uewen erof, iwwer d'Käpp vun der Bevölkerung ewech diktéiert, europäesch Unioun schon an e puer Joer, an nët nëmmen, wann déi nächst ekonomesch Rezessioun kënnt, an eng oder a méi grouss sozial Krise riskéiert eranzeschlidderen, wat da riskéiert zu neien nationalistesche Repli-Mouvementer ze féieren.

Et gët nët wéineg international renomméiert Wirtschaftswëssenschaftler, ob konservativ, lénks oder vum gringe Bord, déi esou eng Entwécklung kuurz bis mëttelfristeg prognostizéieren. A mir delen déi Befiirchtungen, besonnesch well d'Akzeptanz fir déi Maastrichter Verträg an den europäesche Bevölkerungen an och hei zu Lëtzebuerg alles anescht wéi geséchert as.

Wa mir als Gréng also déi virleiend Verträg oflenen, sou heescht dat nët - dat wir jo Blödsinn - datt mir Europa an déi europäesch Zesummenaarbecht géingen oflenen, et heescht jhust, datt mer eng Rei vun Entwécklungsrichtungen am Acte unique an an de Verträg vu Maastricht oflenen.

An dat as an éischter Linn d'Grondzilsetzung vum Acte unique, vum europäesche Bannemaart, déi total op d'wirtschaftlech Liberaliséierung an Dereguléierung an op de gréisstméiglече Wirtschaftswuesstum ausgeriicht as, wat an eisen Aën ëmfaassend, gravéierend an zum Deel irreversibel ekologesch Folgeschied wäerd mat sech bréngen.

An dës Grondausriichtung vum europäesche Bannemaart wäerd an eisen Aë kengesfalls doduerch ofgeschwächt gin, datt elo am Artikel 2 vun de Verträg steet, datt en dauerhaften an ëmweltgerechte Wuesstum soll gefördert gin oder datt laut Artikel 3 keng Emweltpolitik mat engem héije Schutzniveau ugestrieft gët, oder datt laut Artikel 130 Ofsaz 2 d'Erfuerdernissser vum Emweltschutz - wéi et esou schéin heescht - bei der Festleung an Emsetzung vun den anere Politike vun der Gemeinschaft sollen abezu gin.

An et gët an den Texter nach vereenzelt aner esou Formuléierungen, déi u sech schéi klengen, déi eis awer, ugesiichts vun der bishereger ekologescher Praxis vun der EG, nëmme ganz wéineg kredibel erschéngen.

Als Gréng hu mer esou schéiklengend Formuléierungen aus dem Mond vu biirgerlechen, konservativen oder sozialdemokratesche Politiker hei zu Land oder am Ausland scho säit iwwer 10 Joer héieren. Em 1980 a schon eng Iddi virdrun huet et dermat ugefaangen an de Parteiprogrammer oder Propagandabroschüre vun dene Parteien, datt op eng Kéier de Wirtschaftswuesstum an e „qualitative Wuesstum" ëmbenannt gin as. Dat huet sech besser ugehéiert, huet awer un där aler ekonomescher Wuesstumspolitik absolut näischt geännert. Dofir stieche mer nämlech haut op ville Gebitter an enger immens déiwer ekologescher Kris.

Elo, mat dëse Maastrichter Verträg, gët eis en neit Zauberwuert, nämlech de Begrëff „croissance durable" opgedëscht, dee genau esou ouni Sënn as a bleift, soulaang en als eng reng Abstraktioun am loftleere Raum vu schéine Paragraphe steet, an esou laang dat

philosophescht Fundament vun de Verträg de genaue Géigendeel dovunner as, nämlech déi total „liberté d'entreprise" an déi wëll Konkurrenz ëm Undeler vum Marché, en neie Manchesterliberalismus op globalem europäeschen Niveau. An dësem ultraliberale Wirtschaftskonzept as Wuesstum op alle Gebitter, déi op engem fräie Maart déi gréisste Profiter erwaarde loossen, dat eenzegt an d'Haaptzil vun alle wirtschaftlechen Acteuren.

An dee Marché gët an dësem Sënn haut scho beherrscht a wäerd mar nach vill méi staark beherrscht gi vun de Wuesstumsinteresse vun de grousse Multiën: Méi Produktioun, nach gréisseren Ofsaz vun Investitiouns- a Konsumgüter an engem Konkurrenzkampf, jidferee géint jidfereen, dat as de wirtschaftsliberale Credo vun der Finanzwelt a vun dene grousse Konzerner vun der Automobilbranche, der Elektronikbranche, vu Chemie-, Pharma- a Gentechkonzerner an esou virun.

An dës ongebremsten Entwécklung wäerd noutwendegerweis méi Rohstoff-, Energie- a Materialverbrauch, nach méi héich Müll- a Gëftmüllproduktiounen, nach méi héich Belaaschtunge vun Natur, Loft, Biedem, Gewässer an der mënschlecher Gesondheet selwer als Konsequenz hun.

Ech hu schon zum Ufank vu méngem Beitrag op déi lamentabel Roll vun der EG zu Rio, ugesiichts vun där dramatescher Entwécklung um Gebitt vun de virprogramméierte Klimaverännerungen oder der Vergréisserung vum Ozonlach iwwer eise Käpp, higewisen, wou an eisen Aë vill zevill spéit an nach nëmmen halbhäerzeg reagéiert gët.

Mat dem fräie Bannemaart an de Verträg vu Maastricht wäerten nach aner Konsequenze vum Wirtschaftswuesstum wéi e Bumerang onweigerlech op eis selwer an op eis Kanner erastiirzen.

Ech hu scho geschwat vun deem weider wuessende Rohstoff-, Energie- a Materialverschläiss a vun dene wuessende Müllbierger, obscho mer haut schon, nët nëmmen hei zu Lëtzebuerg, sondern europawäit an enger totaler Offallkris drastiechen. A wann een deen neien EG-Programm „für eine sogenannte dauerhafte und umweltgerechte Entwicklung" opmiirksam duerchliest, sou stin zwar do e puer wuelklëngend, mä reng abstrakt bleiwend Wierder iwwer Müllvermeidung a Müllverwäertung, d'Wiirklechkeet as allerdings europawäit haut nach ëmmer gréisstendeels eng aner: Et gët weiderhin Müll a Gëftmüll verbrannt, deponéiert oder mat Mafia-Methoden exportéiert oder heemlech verbuddelt, an dat alles, obschon ëmmer méi staark an d'Bewosstsäin vun der Öffentlechkeet drëngt, dass mer mat der Verbrennung oder onkontrolléierter Deponéierung vum Hausmüll oder Gëftmüll nët nëmmen eis egen Otemloft, mä gläichfalls eng gesond Liewenswelt fir eis Kanner ëmmer méi staark an ëmmer méi irreversibel verbauen.

Europawäit hëlt op schläichend Aart a Weis déi chronesch Belaaschtung mat organeschen oder Schwéiermetallgëftstoffer ëmmer méi staark zou, woubäi am schlëmmsten déi schläichend Belaaschtung vun Natur, Emwelt an der mënschlecher Gesondheet, ouni Zweifel déi zounemend Belaaschtung mat Dioxinen, PCBën a Pestiziden anzeschätzen as, obschon och gëfteg Schwéiermetaller wéi Cadmium, Bläi oder Quecksëlwer dobäi eng nët ze ënnerschätzend Roll spillen.

En aner trauregt Kapitel am Beräich vun de Belaaschtunge vun der Otemloft, am Beräich vun der Zerstéierung vun Naturlandschaften a Bëscher, am Beräich vun enger zounemender Belaaschtung vun der Liewensqualitéit duerch Kaméidi, Hektik an Zoubëtonnéierung, as dat am Bannemaart virprogramméiert, an an de Maastrichter Verträg nët kontestéiert an nët ofgeschwächt weidert Wuesstum vum Automobil- a virun allem vum Camionsverkéier.

Obschon am zitéierte Programm vun der EG-Kommissioun „für eine dauerhafte und umweltgerechte Entwicklung" vun der noutwendeger Förderung vum öffentleche Persounentransport an der noutwendeger Förderung vum Wuerentransport iwwer d'Schinn onverbindlech philosophéiert gët, gesäit och am Secteur vun de Wuerentransporter déi ze erwaardend Wiirklechkeet total anescht aus. An dës Entwécklung as souguer vun enger ad hoc Aarbechtsgrupp vun der Kommissioun selwer d'lescht Joer ähnlech prognostizéiert gin: nach vill méi Camionstransporter queesch duerch Europa, fräi nom Motto „Produktioun do, wou et am bëllegsten as", a well den europäesche Steierzueler a sénger grenzenloser Gedold a Schoofsmentalitéit jo bereet as, all Autobunnsprojekter - souguer duerch Naturschutzgebitter, zum Beispill am Fall vun der Duerchquierung vun dem Val d'Aspe zwësche Frankräich a Spuenien - aus sénge Steiergelder eraus ze finanzéieren, as d'Liwwerung „just in time" mat ëmmer méi wuessende Camionsflotten eng wirtschaftlech logesch Konsequenz.

Eng aner logesch Konsequenz, nämlech déi zounemend Belaaschtung vun der Otemloft mat héichgëftegen a kriirbserregende Benzoler, mat Dieselruss a Benzpyrenen aus den Auspuffdëppe vun all denen Autoën a Camionën, wäerd leider nët ze vermeide sin, souguer wann déi europäesch Kommissioun endlech och op dësem Gebitt bereet wir, e wéineg méi schaarf Grenzwäerter duerchzesetzen.

Awer mat der Camionsproblematik as et op dësem Gebitt wéi mat den Autoën. Souguer méi schaarf Grenzwäerter brënge keng Entlaaschtung, nëmmen nach eng Verschäärfung. D'Situatioun gët verschäärft, well trotz eventuell méi schaarfe Grenzwäerter d'Zuel vun den Transporter nach wäerd drastesch zouhuelen, sou dass et trotzdeem weider zu enger Verschlechterung vun der Loftqualitéit wäerd kommen.

Wéi et an Zukunft riskéiert auszegesinn, geet iwwregens aus ganz rezenten Zuelen ervir, aus enger neier däitscher Etüd vum Länderausschuss für Emissionsschutz, déi zënter engem Joer schon an Däitschland am Tirang läit an elo duerch eng Indiskretioun veröffentlecht gin as. Do steet als Resultat, dass besonnesch d'Stied an Däitschland ëmmer méi belaascht gi mat Dieselruss a mat Benzol, wouduerch de Kiirbsrisiko an de Stied ëmmer méi grouss gët. No där Etüd as de Kriibsrisiko an de Stied duerch deen Autos- a Camionsverkéier elo scho méi wéi fënnefmol esou héich an de Stied wéi um Land. Wat dat europawäit wäerd mat sech brëngen um Niveau vun de Kriibserkrankungen, dat kann ee sech virstellen. Anscheinend sollen eleng d'lescht Joer an Däitschland, där Etüd no, 4.000 Leit u Kriibs gestuerwe sin duerch d'Verkéiersproblematik.

E lescht Kapitel an deem déi Maastrichter Verträg keng Verbesserung par rapport zur Bannemaartlogik, mä esouguer eng weider Verschlechterung mat sech brënge wäärten, as d'Energiepolitik.

Obschon och am neien EG-Programm fir eng dauerhaft an emweltgerecht Entwécklung Phrase gedrescht gin iwwer d'Noutwendegkeet, d'$CO_2$-Emissiounen drastesch ze verréngeren an Energie rationell ze notzen, gët ët an dësem Programm an an de Maastrichter Verträg keen Hiwäis drop, dass zum Beispill d'Euratom-Verträg géife verännert gin an dass endlech mam Ausstig aus der Atomenergie géif ugefaange gin. Tschernobyl schéngt leider scho relativ wäit hir ze sin a schon ërëm vergiess ze sin.

Fir eis Lëtzebuerger Gréng wär eleng schon dës Fro vun der weiderer Förderung vun der Atomenergie am Europa vu Maastricht Grond genuch, dësem Vertrag vis-à-vis negativ agestallt ze sin. Mä statt enger längst iwwerfälleger Energiesteier, déi grad den Atomstroum géif taxéieren an domadder total konkurrenzonfäeg maachen an op däer anerer Säit wierklech eng rationell Notzung an alternativ Energiën ze förderen, gët weiderhin, grad och mat de Maastrichter Verträg, eng Politik vum „free career" fir Atomstrom vu Säite vun der Kommissioun gefördert, dat heescht, jidder Industrielle soll sech säi Stroumlieferant, och wann ët Atomstroum as, fräi kënnen auswielen an déi national Elektrizitéitsentreprise solle verflicht gin, d'Infrastrukture fir esou Atomstroumliwwerungen zur Verfügung ze stellen.

RWE a virun allem déi franséisch EdF, déi soss virun der finanzieller Pleite géinge stoën, hu sech ërëm eng Kéier duerchgesat. Si rechne fir iwwer de Bannemaart an d'Maastrichter Verträg zu enger Renaissance vun der Atomindustrie a West- an Osteuropa ze kommen an dat eleng as, op Grond vun dene weltwäite Gefore vun der Atomenergie, Grond genuch fir ze soën, dass mir mat esou enger Entwécklung näischt, mä awer och absolut näischt um Hutt hun.

Ier ech op déi sozial Dimensioun an de Maastrichter Verträg agin nach e kuurzt Wuert iwwer de Verbraucherschutz a präventiv Gesondheetspolitik an dëse Verträg.

Do gët zwar, an esouguer déi éischte Kéier, an de Maastrichter Verträg dem Verbraucherschutz e gesonderten Artikel gewidmet, nämlech den Artikel 129a, wou ët heescht, dass „à un niveau élevé la protection des consommateurs" soll ugestrieft gin.

Enner dem Punkt 2 vun dësem Artikel gët esouguer - ët traut ee séngen Aë kaum méi - den Eenzelstaten zougestane méi strikt Schutznamen am Interesse vum Verbraucher ze ergräifen. Dës méi strikt Schutzmoossname missten allerdéngs mat de wirtschaftspolitesche Konkurrenzspillregele vun de Verträg compatibel sin.

Ech mengen, do besteet méi wéi juristesch Onkloërheet. Wann also an engem Land en ëmstriddene Problem, sief ët e geféierleche Pestizid, en Holzschutzmëttel oder e bedenklech gentechnesch manipuléierte Produit um Marché as, muss e laut Bannenmaartlogik de facto och an denen aneren EG-Länner zougelooss a verkaf kënne gin.

Enner Punkt 2) vum Artikel 129A gët allerdéngs dann dem Land erlaabt dëse Produit ze verbidden, wann dëse Produit nët géint d'Regele vun der fräier Konkurrenz an der fräier Vermaartung vun de Produitë verstéisst. Do as nët nëmme vu Fall zu Fall den innereuropäesche Konflikt ëm d'Zouloossung vun auslännesche Produitë virprogramméiert. Bei esou juristesche Formuléierungen a Géigeformuléierungen misst een eigentlech scho vun engem verbraucherschutzpoliteschen Nonsens schwätzen, an dat an Artikele vun engem an deemselwechte Vertrag. Mä vläicht as ët och jhust esou, dass mir déi feinsinneg juristesch Finesse vun dëse Verbraucherschutzartikele geeschteg nët ganz matkréien. Eppes schéngt op jidde Fall kloër ze sin: d'Affekoten hei an Europa wäärte sech mat dene ville Plainte virum europäesche Geriichtshaff an denen nächste Jore kënne freën.

Mä am Zweifelsfall wäärd sech och op dësem Gebitt déi ekonomesch Logik vis-à-vis vun enger präventiver a gesondheetsorientéierter Logik vum Verbraucherschutz wuel duerchsetzen.

Wat vläicht och an dësem Zesummenhang erwähnenswäert as, mam Bannemaart a mam Traité vu Maastricht kënnt mat Sécherheet nach esou munches op den europäesche Konsument zou, wat an eisen Aë weder wënschenswäert nach vum ernährungsphysiologesche Point de vue hir vertrietbar as, nämlech zum Beispill esou désagréabel Entwécklunge wéi déi erlaabten europawäit radioaktiv Bestralung vu Liewensmëttel, ëmmer méi gen- a biotechnologesch verännert Nahrungsmëttel an ëmmer méi künstlech Imitater. Eleng schon aus dëse Grënn kënne mir Gréng eis wierklech absolut nët mat denen am Acte unique festgeluegten Artikelen iwwer de Verbraucherschutz ufrënden, och wann se ganz schéin an der Theorie kléngen.

Mä de Schutz vum Verbraucher as bekanntlech nët nëmmen eng präventiv gesondheetspolitesch Aufgab, mä ët as gläichzäiteg eng eminent Sozialaufgab.

Domat kéim ech zur Aschätzung vun der sougenannter Sozialunioun, wéi se mat de Verträg vu Maastricht elo virläit a wéi se an Aussicht gestallt gët. Domadder kommen ech zu enger anerer, an eisen Aën skandaléiser Entwécklung am Kader vun dëse Maastrichter Verträg, nämlech deen absolut ongenügende gemeinsame Fundus, op deem dat neit Europa elo soll opgebaut gin.

Haut scho gin ët an Europa Millioune vu Chômeuren - Irland soll ronn 20% Chômeuren hun - ët gët haut schon eng grouss nei Aarmutt, ët gët haut scho vill Millioune Leit an Europa ouni Daach iwwer dem Kapp, a ville Géigende Jugendlecher, déi ouni jidfer Chance op eng Aarbechtsplaz an denen nächste Jore wäärte bleiwen.

Duerch déi wirtschaftlech Emstrukturéierungen am Kader vum Bannemaart, duerch déi nei Reform vun der Agrarpolitik, déi haut soll definitiv beschloss gi sin, wou an enger Rei vu Géigende vill Bauere wäärte ruinéiert gin a vum Land verdriwwe gin an doduerch den Aarbechtsmarché zousätzlech wäärte belaaschten a wann ët an denen nächste Joren - wat an eisen Aën eng Waarscheinlechkeet as - zu enger neier ekonomescher Rezessioun wäärd kommen, da wäärte logescherweis déi sozial Problemer weider zouhuelen: nach méi Chômage, nach méi Aarmutt, an ech hu méng Zweifel ob ët dann nët zu geféierleche sozialen Explosioune wäärd kommen.

Fir deem Ganzen ze begéine verfügt dat neit Europa, ausser enger äusserst minimaler Charta vu Sozialrechter, iwwert keng wierksam Instrumenter, woubäi jo och nach gesot muss gin, dass engem Land, nämlech England zougestane gin as an de Verträg, sech nët emol un dës minimal sozial Ufuerderungen ze halen. Dës Ausnameregelung fir England, déi der konservativer englescher Regirung scheinbar ouni gréisser Problemer zougestane gin as, wierkt an eisen Aën ëmsou méi befriemend wéi en anert Land, nämlech Dänemark, no séngem negative Referendum iwwer Maastricht, bal wéi en Aussätzege behandelt gin as.

D'Engländer, als europäesch Groussmuecht, dierfen also mat wesentlechen Aspekter vun der europäescher Unioun, nämlech mat der sozialer Dimensioun, nët averstane sin. Dat gët hinnen zougestanen.

Dat klengt Dänemark dogéint a mir Lëtzebuerger musse blindlings alles akzeptéieren. Mir däerfen nach jhust jo soën zu deem wat am Traité steet. Et däerf een als Parlamentarier keng Kriticke méi dozou ubréngen a wann ee sozial Verbesserungsvirschléi zu dene Maastrichter Verträg hei ubréngt, da gët gesot, mir mussen dat huelen esou wéi ët as, mir kënnen do näischt méi maachen.

Grad als Gréng Alternativ as déi sozial Dimensioun vun deem neien Europa eis vill zevill ënnerentwéckelt a praktesch inexistent. Et handelt sech kloër ëm e liberaalt konservatiivt Europa am Interesse vum Patronat a vun der Finanzwelt an ët as an eisen Aën ze erwaarden, dass dës Kräften iwwer Drock an Erpressung, virun allem iwwer d'Erpressung mat Produktiounsverlagerungen a sougenannte Bëllëg-Loun-Regiounen an Europa wäärte versichen, erkämpfte sozial Rechter a sozial Standardën ze verschlechteren an d'sozial Rad vun der Geschicht ërëm eng Kéier zréckzedréinen.

Dass mer mat däer Aschätzung als Gréng Alternativ nët eleng do stin, dat geet esouguer ervir aus engem Kommissiounsrapport vum 29. Januar vun dësem Joër, wou ech eise Finanz- a Sozialminister Jean-Claude Juncker zitéieren, dee folgendes gesot huet wat an déi Richtung geet: „Le danger est donc réel que la politique communautaire dans son ensemble, caractérisée par le libéralisme économique et un status quo social, se fasse au dépens des travailleurs en ce sens que les pays se situant actuellement en bas de l'échelle du niveau social ne feraient aucun progrès substantiel, contraignant finalement les pays connaissant un niveau social satisfaisant ou élevé, à abaisser ce niveau afin de ne pas perdre toute compétitivité". Déi Aschätzung, déi aus de Wierder vum Här Jean-Claude Juncker selwer staamt, as genau dat wat mir och dozou denken. Ech sin also nët eleng mat däer Aschätzung iwwer dat soziaalt Europa, déi ech hei virgedroën hun.

An och fir sozial Reformen oder sozial Verbesserungen um Gebitt vun de staatleche sozialen Infrastrukturen riskéiert ët an dene kommende Joren ëmmer méi schwéier ze gin, well déi eenzel State gezwonge wäärte gin zu enger méi strikter, zu enger méi konservativer Wirtschafts-, Budgets- a Finanzpolitik. Dat nämlech wäärd de Präis si fir d'Realiséierung vun der europäescher Währungsunioun, an

déi e Land nëmmen opgeholl ka gin, laut Traité, wann ët um Gebitt vun der Inflatioun, de Budgetsdefiziter an der Staatsverscholdung eng orthodox an äusserst restriktiv Politik bedreift.

Wéi zum Beispill Irland, wéi zum Beispill d'Belsch, wéi Griechenland an e puer aner europäesch Länner dat solle maachen, ouni nach méi Chômage an den Ofbau vu soziale Rechter ze provozéieren, dat as eis op jidde Fall e Rätsel, guer nët dovunner ze schwätzen, dass esou eng, vun enger europäescher Zentralbank, déi ouni demokratesch Kontroll fonktionnéiert, vun uewen de Staten operluegte Finanzpolitik, och de räiche Länner, ët och nët méi wäärd erméiglechen, déi dréngendst ekologesch Altlasten an déi dréngendst noutwendeg ekologesch Embauprogrammer vun der Wirtschaft an d'Wee ze leden an ze finanzéieren.

Mir sin als Gréng nët géint eng gemeinsam europäesch Währung, mä mir si géint eng Finanzpolitik, géint eng Währungspolitik, déi den eenzelne State vun uewen erof total rigid finanzpolitesch Fesselen operleet an déi den eenzelnen europäesche Staten eigentlech nach jhust en onpolitescht Verwalte vun de politesche Geschäfter iwwerléisst an den äermere Staten oder Regiounen halt nëmmen en alternativloost Verwalte vun Aarbechtslosegkeet, vun Opdaachlosegkeet, vun Aarmutt a vu soziale Problemer.

Als Gréng si mer géint esou eng Politik. Mir si fir e soziaalt Europa, dat de Regioune wierklech vill méi Autonomie iwwerléisst, statt jhust enger konsultativer Regionalkummer, dem Comité vun de Regiounen, wéi se an de Verträg ënner Artikel 198A virgesinn as.

Eise politesche Wee, fir e soziaalt Europa ze erreechen, as nët de Wee vu Bannemaart a Maastricht, as nët de Wee vu weiderem Wirtschaftswuesstum, fir duerno eventuell och e bëssen no ënnen ëmzeverdelen, well esou e weidere Wirtschaftswuesstum wäärd mëttelfristeg onweigerlech an den ekologesche Kollaps eraféieren.

Eise Wee as ganz kloër de Wee zu enger gréisserer sozialer Gerechtegkeet, de Wee zu enger déifgräifender sozialer Emverdelung zu Gonschte vun denen Äärmeren a méi Schwaachen an eise Wee as och dee vun enger europawäiter radikaler Aarbechtszäitverkierzung, der 35-Stonnewoch, mat vollem Lounausgläich fir déi ënnescht a mëttel Akommes als Astieg zu weidergehenden Aarbechtszäitverkierzungen. Esou eng Politik vun der Emverdelung vun däer Aarbecht déi do as géif nët nëmmen zur noutwendeger Humaniséierung vun der Aarbecht bäidroën, si géif och bäidroën zur Förderung vun der Famill an der Kannerfrëndlechkeet an der Gesellschaft.

Vun esou enger offensiver Sozialpolitik bleift Maastricht allerdéngs esou wäit ewech wéi vun hei bis zum Mound an och aus deem Grond kënne mer déi Maastrichter Verträg absolut nët akzeptéieren.

Ech wëll an dësem Kontext nët méi agoën op d'Problematik vu Schengen a vun der sougenannter ënnerer Sécherheet an Europa, well mer bei den Debatten zu de Schengener Verträg onmëssverständlech duergeluegt hun, dass mer mat enger Politik vun der Ofschottung an enger Festung Europa nët averstane sin. Et as alles aneschtes wéi honorabel, dir Dammen an dir Hären, wéi déi räich europäesch State sech Asylante vis-à-vis versichen ofzeschotten a wéi op däer anerer Säit déi selwecht räich europäesch State ganz wéineg ënnerhuelen, fir den aarme Staten am Tiers Monde oder an Osteuropa wierklech ze hëllefen aus Aarmutt, aus wirtschaftlechen a soziale Problemer erauszekommen.

Dat räicht Europa dréit praktesch näischt dozou bäi, dat praktesch hoffnungsloost Problem vun der Iwwerscholdung vun dëse Länner ze léisen. Et misst an eisen Aën zu ganz wäitgehenden Entscholdungen oder Scholdesträichunge kommen an dat räicht Europa wäärd nach laang Jore brauche fir endlech och um Niveau vun der Entwécklungshëllef, wann iwwerhaapt, op déi berühmten 0,7% vum PIB zu Gonschte vun der Entwécklungshëllef ze kommen.

E weidert Kapitel wou mer als Gréng mat deem neien europäeschen Opbau grouss Schwiregketen hun as dee virgesinnenen Opbau vun enger europäescher Militärpolitik am Kader vun der WEU, wou haut den däitsch-franséische Virstouss zwecks Schafung vun engem sougenannte militäreschen Euro-Corps en éischten Usaz ze si schéngt.

Dës sougenannte gemeinsam Sécherheetspolitik no bausse berout am wesentlechen op der Zesummenaarbecht vun de Regirungen, wou déi demokratesch Kontroll duerch en demokratesch gewieltent Europaparlament praktesch inexistent as. Fir eis bestin déi gréisste Gefore fir eis Westeuropäer nët an engem hypothetesche militäreschen Ugrëff op Westeuropa, mä an der Akkumulatioun vu sozialem Sprengstoff an enger weiderer Verschäerfung vun der ekologescher Kris a mir sin der Menung, dass déi Gelder vun den europäesche Steierzueler méi sënnvoll an ekologesch a sozial Bunnen an an Embauprogrammer vun der Wirtschaft sollten investéiert gi wéi an de schläichenden Opbau vun enger neier militärescher Supermacht Europa.

Hëllef zur Selbsthëllef, massiv Finanzhëllefe fir sozial oder ethnesch Konflikter an ost- oder südeuropäesche Länner an an de Länner vun der Drëtter Welt ze léisen, statt eventuell europäesch Militäraktiounen no dem ale franséische Muster an Afrika, dat wir an eisen Aë wierklech eng humanistesch Roll, déi engem solidareschen Europa würdeg wir.

Mat WEU an Euro-Corps musse mer leider d'Befiirchtung hun, dass sech an engem neien Europa an denen nächsten 10, 15 Joër en aalt, e ganz aalt militärescht Denken a militäresche Kategoriën ërëm wäärd breetmaachen. Mat esou enger Ausriichtung kënne mir natiirlech absolut nët averstane sin.

Dir Dammen an dir Hären, ech kommen zum leschte Kapitel vun eiser Haltung vis-à-vis vun dësen Traitéën, nämlech der Fro vun deem ganz groussen Demokratiedefizit an dësem neien, oder besser gesot, weider entwéckelte Westeuropa.

Den demokratesche Charakter vun der EG gët an eisen Aën duerch de Maastrichter Vertrag kaum, wann iwwerhaapt verstäerkt. Et as esou, dass jidfer Handlungsberäich vun däer neier Unioun verschiddenaarteg Entschedungsprozeduren entspriechen.

Legislativgewalt a Kontrollrechter vum Europäesche Parlament gin nëmmen absolut onwesentlech ausgebaut.

Den Zentrum vun den Entschedunge bleift weiderhin de Ministerrot, ëmgin vun ëmmer méi zahlräiche Comitéë vun héije Beamten, déi sech an der Praxis all nationaler an europäescher Kontroll entzéien.

D'Europaparlament gët ëmmer nach nët an d'Situatioun versat, fir als verfassungsgebend Versammlung Virschléi fir eng europäesch Verfassung auszeschaffen, déi sech vill méi no géif un de Bedürfnisser an un den Intérêtë vun de Biirger a Biirgerinne vun Europa orientéieren.

Wann also, wéi dat an dene meeschte wichtege Beräicher vun der zukünfteger Europapolitik wäärd de Fall sin, de Ministerrot séng Entschedunge mat qualifizéierter, bezéiungsweis mat der einfacher Majoritéit kann treffen, a wann dës Beschlëss Virrang hu virun denejéinege vun den nationale Parlamenter an dem Europaparlament, kann an eisen Aën nëmme vun enger Steigerung vum Demokratiedefizit an Europa Rieds sin.

Fir eis as d'demokratesch Kompetenz allerdings nët einfach doduerch ze erreechen, datt elo dem Europaparlament déi voll Fonktioune vu jidfer nationalem Parlament géif iwwerdroë gin.

Engersäits misst et an eisen Aën zwar méiglechst fréi gesamteuropäesch politesch Entschedungsstrukture gin, déi ausser den EG-Staten och d'EFTA an Osteuropa géifen abezéien. A grad esou kloer as d'Noutwendegkeet vu besonnesche Kooperatiounsstrukture mat de Länner vun der fréierer Sowjetunioun a mat de Länner vum Süden.

Op där aner Säit as et awer och kloer, dass mir eis jiddefalls als Gréng wëlle prioritär asetze fir eng europäesch Demokratiebewegung vun ënnen, déi déi transnational europäesch Politik an d'Stäärkung

vun der Demokratie an de Gemengen an an de Regioune wëllt matenee verkoppelen, an déi dobäi och wëllt, souwuel representativ wéi direkt demokratesch Elementer verbannen.

Mir hun dat, dir Dammen an dir Hären, an eiser Pressekonferenz an an engem véiersäitege Faltblat vill méi prezis duergestallt, wéi esou e Modell a groussen Zich kënnt ausgesinn. Et géif de Kader vu ménger Riedezäit hei sprengen, wann ech am Detail op all Aspekter dovunner géif agoen.

Ech kommen zum Schluss zu där Aart a Weis, wéi d'Verträg vu Maastricht an dëse Froen hei Hals iwwer Kapp iwwer d'parlamentaresch Bühn bruecht, oder besser gesot, duerchgepeitscht solle gin, iwwer d'Käpp vun der Bevölkerung ewech. Grad och dat huet vill mam Begrëff Demokratie ze din.

Ech hu schon higewisen op déi schändlech Aart a Weis, op de Mépris, wéi vun uewen erof op dat demokratescht Votum vun der dänescher Bevölkerung vu munche Spëtzeleit hei reagéiert gin as, wouduerch, laut dem Traité selwer, well et der Zoustëmmung vun denen 12 Länner brauch, d'Ofkommes vu Maastricht nach eigentlech „caduc" wir.

Hei zu Land soll elo, mar schon, a contre vents et marées, obscho mer nach bis zum Enn vum Joer Zäit hätten, fir ze waarden, d'Ofkommes vun enger Kopfnickermajoritéit am Schnellverfaren duerchgepeitscht gin.

Eng wiirklech kontradiktoresch Diskussioun iwwer Virdeler an Nodeler, iwwer Pro a Kontra, an der Öffentlechkeet, fir der Bevölkerung kloerzemaachen, wat dat eent a wat dat anert as, as vun dëser Regirung nët zougelooss gin.

Et as mat nët wéinege Milliounen eng total eesäiteg Propaganda-campagne fir déi Maastrichter Verträg gemaach gin, nët nëmmen iwwer vun öffentleche Steiersuë bezuelten Héichglanzbroschüren an Annoncen an der Press, mä neierdings souguer iwwer déi öffentlech Schoulen.

Ech hu vu Proffen aus Lëtzebuerger Schoulen e Schreiwes zougespillt kritt, dat weist, wéi ouni irgendwelch Gêne eisen Unterrichtsminister d'Proffen, d'Régentë vun de Klassen derzou zwénge wollt, eng Stonn vun hirem Unterricht dëser pro-Maastricht-Propaganda ze widmen, an zwar zum Nationalfeierdag! Do as alle Régentë vun de Klasse vun de Lycées techniques en Text vun anerhalwer Säit zu Gonschte vun de Maastrichter Verträg zougeschéckt gin, mat der Bitte: „Monsieur le Ministre vous prie de bien vouloir consacrer une partie d'une leçon à une discussion des sujets abordés dans sa missive, et ce dans l'esprit du message." Dat heescht, am Sënn vun enger pro-Maastricht-Campagne, also d'Opfuerderung un d'Proffe fir eng pro-Maastricht-Indokrinatioun!

Mir fannen et nët nëmmen traureg, datt eng Regirung op d'politesch Indokrinatioun vu Schüler muss zréckgräifen, mir fannen et och absolut traureg, wéi liichtschaz d'Regirung iwwer déi grouss verfassungsméisseg Bedenke vu renomméierte Juristen hei am Land ewechgaangen as. Ech wëll hei nët nach eng Kéier den Avis vum Verfassungsrechtler, dem Här Alex Bonn, hei zitéieren. Dat as schon hei gemaach gin, et huet kee Wäert, dat ze répétéieren.

**M. Jacques Santer,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Den Här Bonn huet och scho Prozesser verluer!

**M. Jean Huss** *(GAP)*.- Op jidde Fall as et esou, dir Häre vun der Regirung, datt an dëser Fro vun der Verfassung nët nëmmen a juristesche Kreesser, mä och an der Bevölkerung nach weiderhin e ganz grousse Malaise virherrscht.

Eiser Menung no as et esou, dass dës Regirung bis elo, an och nach haut, un enger wiirklech demokratescher Debatt iwwer dës Verträg, déi dach esou e groussen Aschnëtt an eis Geschicht bedeiten, nët interesséiert war an och nët interesséiert as. Et gët ganz einfach iwwer sämtlech Bedenke mam Bulldozer oder mat der Dampwalz ewechgefuer.

An dësem Sënn war och déi Debatt, déi mir haut a mar hei am Schnellverfaren iwwer d'Bühn brénge sollen, fir datt déi Häre Poos a Santer op der europäescher Bühn als brav europäesch Musterknaben kënnen erëmturnen, an eisen Aën eng eenzeg demokratesch Farce!

A well mir eis an der Öffentlechkeet nët och nach un esou enger demokratescher Farce wëlle mat schëlleg maachen, hu mir als Gréng-Alternativ beschloss, eis aus Protest dogéint um Vote iwwer dës Verträg nët ze bedelegen.

Eise Refus de vote soll e kloert Zeechen no bausse sin, dass mir mat der Aart a Weis, wéi hei iwwer d'Bevölkerung ewech mam Bulldozer entscheet gët, dass mir dozou an totalem Désaccord stongen. Dat as de Résumé vun deem, wat eis Haltung zu dene Verträg as.

**M. le Président**.- Den nächsten Orateur as den honorablen Här Georges Margue.

**M. Georges Margue** *(CSV)*.- Här President, dir Häre Ministeren, léif Kollegen. Ech stin hei, fir mech ze justifizéieren, well nämlech eng ganz Parti Leit, virun allem aus ménger Professioun, zu mir gesot hun: Dir wäert dach dat dot nët stëmmen, well et si Saachen dran, déi géint d'Konstitutioun sin! Dat wësse mer elo alleguer, dass ee Punkt dran as, dee géint déi jëtzeg Teneur vun der Konstitutioun as, genee géint den Artikel 107.

Wann ech elo soen, datt ech den Traité stëmmen, da soen ech awer och, ech stëmmen en nët mat grousser Begeeschterung. Ech soë souguer, ech stëmmen e mat Widdermutt, oder wéi am Wilhelm Busch steet: „Und es steigert noch die Lust, wenn man immer sagt, du musst!"

*(Hilarité)*

Elo muss ech awer soen, firwat mer mussen. Et as nun eemol, ob dat eis gefällt oder nët, dass hei am Traité eng ganz Mass vu Punkten zesummengeschriwwe gin, déi een och hätt kënnen als separat Avenantën zum Traité vu Roum behandelen. Da wire vläicht déi eng an denen 12 Länner duerchgaangen, eenzel anerer nët. Et gët een och de Verdacht nët lass, datt se all zesummegehaange gi sin, fir datt och all eenzelne soll duerchgoen.

Ech sin awer elo nët der Menung wéi mäi Virriedner, deen eis eng ganz pessimistesch Vue iwwer eis planetär Zukunft entwéckelt huet, wann dat sollt antrieden, dann as et awer nët d'Schold vum Vertrag vu Maastricht!

**M. Jean Huss** *(GAP)*.- Mä vun dene béide Verträg, vum Bannemaart a vum Vertrag vu Maastricht zesummen!

**M. Georges Margue** *(CSV)*.- Iwwer de Vertrag hun dräi Rapporteuren hei rapportéiert. Dat as schon eleng gewisen, wéivillerlee hei dran as, wéivillerlee huet musse gesot gin. Dat géif ech nach soen: Kee vun denen dräi Rapporteure konnt op alles hiweisen. An ech, deen ech hei nokommen, hun nach vill manner déi Pretentioun!

Erlaabt mir elo, op e puer Punkten hinzeweisen, vun dene vläicht nët esouvill geschwat gin as an déi een effektiv mat méi engem kriteschen A ka betruechten, ouni dofir, wéi gesot, den Traité ze verwerfen, well et ebe gutt Grënn gët, fir en awer unzehuelen.

Et as nët esouvill Neies dran, wéi muncheree wollt duerstellen, wa mer haut soen, mir maachen eng politesch Unioun. Bis elo hate mer eng ekonomesch Unioun. Déi Oppositioun klappt nët an der Logik: ekonomesch Unioun, dat war och eng politesch, oder mengt Der, d'ekonomesch Politik, wéi mer se elo zënter Jore maachen, dat wir keng Politik gewiescht? Dat huet den Här Hallstein eis schon ëmmer gesot, ganz um Ufank, wéi mer nach déi berühmt gemeinsam Réunioune vum Europarot an de Virlefer vum Europaparlament haten.

Forcément, wann Der wëllt eng ekonomesch Unioun maachen, da maacht Der eng Onmass Politik. A mir sin domat nach nët fäerdeg a mir fueren domat virun. Elo natiirlech soë mer, mir maachen och op anere Gebitter Politik, dat war och schon. Dat Ekonomescht huet jo souvill mat sech gezun, zum Beispill um soziale Gebitt, um fiskalesche Gebitt, quitte dass mer do nach nët staark virukomm sin, mä déi Exigenze waren awer vun Ufank u mat drán. A munches vun deem, wat elo an där neier Fassung vum Artikel 3 vum Vertrag vu Roum steet, deen e wéineg méi ausdeveloppéiert as wéi déi aner, war awer am Kär och schon an deem alen dran.

Et gët gefrot: Wat bréngt dee Vertrag eis iwwerhaapt vu gudde Saachen? Dann as natiirlech dat Wichtegst déi Mënzunioun, déi elo emol endlech a gräifbar Nähe réckelt, déi och scho virgesi war am Vertrag vu Roum, mä eng Parti Länner hun do Schwiregkete gemaach bis zum leschten, hun Deviserestriktiounen oprechterhalen - ech denken do u Frankräich an un Italien - a mir si se haut nach nët ganz lass.

Wa mer Geld an en anert Land schécke wéi an d'Belsch, da musse mer engem parasitären Institut belgo-luxembourgeois du Change eng Kommissioun bezuelen!

Ech fäärte guer nët, datt mer eng Mënzsouveränitéit verléieren, well mir hu keng a mir kréien och keng, a mir wëlle keng a mir brauchen och keng! Wat mir brauchen, dat as e Geld, wat méiglechst wäit reecht. Dat wat mer haut hun, reecht bis an d'Belsch - et as alt ëmmer dat - mä doriwwer eraus musse mer tausche goen.

Wa mer e Geld kréien, wat méiglechst wäit reecht, an natiirlech eng minimal Stabilitéit opweist - dat wëlle mer jo hoffen - da si mer gutt eraus. Ech hoffen nëmmen, dass eis Banke keng nei Tricke fannen, fir dee Verdéngscht ze ersetzen, deen hinnen entgeet, wa se all déi Kommissioune beim Geldëmtausch nët méi kréien, speziell vun den Touristen, déi mer jo alleguer sin.

Hei as natiirlech eppes dra komm, wat ustéisst, nët nëmme bei eis, mä bei eis e wéineg méi. Dat as déi Interpretatioun vun der europäescher Biirgerschaaft. Wouranner besteet déi? Et gët fir d'éischt emol gesot, mä an der Fräizügegkeet. Em Gottes Wëllen, déi war jo awer am Vertrag vu Roum scho mindestens zu 99% dran. Et gët vläicht elo nach méi komplett, dat as eng Redite. An der Méiglechkeet, dass ee Land deem anere séng diplomatesch Protektioun zur Verfügung stellt? Ech hun näischt dergéint, mir ware jo schon ëmmer drop ugewisen. An déi Konventiounen, déi mer mat den Holländer an de Belsch op deem Gebitt hun, hun eis jo bis dohinner Satisfaktioun gin.

Dann heescht et, d'Biirger vun n'importe wat fir engem Memberstat kënnen elo do, wou se wunnen, fir d'Europaparlament stëmmen. Ech muss zougin, d'Communautéit as an hirer Roll, wa se dat definéiert. Ech sin nët ganz frou iwwer déi Aart a Weis, wéi et definéiert gin as, well hei as eng Weich gestallt, nët nëmmen hei, mä och anerwäerts.

Déi, déi sech virgestallt hun, d'europäesch Communautéit wir eng Communautéit vun Natiounen, déi solle sech deen Dram aus dem Kapp schloen. Mir sin eng Communautéit vu Staten - dat gët och nach eng Kéier répétéiert: „L'Union respecte l'identité nationale de ses Etats membres." - mä et gët da kloer drop higewisen, um Gebitt vu jidderengem Stat sin et d'Awunner vun deem Stat, pourvu datt se Biirger vun engem Communautésmember sin, déi do gewëss Rechter ausüben.

Mir hate jo bis elo schon, wéinstens déi Länner, déi de Vote par correspondance kannt hun, dass ee konnt fir d'Europaparlament mat wielen, och wann een nët a séngem Hemechtsland gewunnt huet. Eis Leit konnten et maachen. D'Italiéiner hun et gemaach vun hei aus.

Elo heescht et: Dir stëmmt nët méi fir d'national Delegatioun vun Ärem Land am Europaparlament, Dir stëmmt fir déi territorial Delegatioun vun deem Land, an deem Der residéiert. Dat mécht dene Groussen nët vill aus, besonnesch do nët, wou se eng aner Opfaassung vun Demokratie hu wéi hei, wou se mat blockéierte Lëschte schaffen, souguer mat enger eenzeger Lëscht fir e ganzt Land, wou ee jo nëmme fir eng Lëscht stëmme kann. Wann dann do Auslänner mat drop stin, gutt, da sin déi eben och mat drop. A wann d'Auslänner fir esou eng Lëscht stëmmen, kënne se nëmme fir déi Lëschte stëmmen, déi do sin.

Wie gewielt gët, entscheet jo an der Haaptsaach dee Gremium, deen d'Lëscht opgestallt huet. Déi hënnescht, déi drop sin, sin einfach nëmme „pour la frime" drop, dat wëssen déi. Datt déi allerviischt drop sécher gewielt gin, dat wëssen déi och. Spannend as et nëmmen, wivill Sëtz eng Lëscht kritt, ob deen 21., deen 22. oder deen 23. erakënnt oder nët.

Soit, do mécht dat alles nët vill aus, mä an engem Land, wat sech beméit huet, och d'Europawale bis zum leschten demokratesch ze maachen, an deem Sënn, datt een nët nëmme fir eng Lëscht stëmmt, mä och fir Leit, do kann et eis passéieren, dass vläicht déi nächste Kéier déi 6 Vertrieder vu Lëtzebuerg nëmme méi 5 oder 4 Lëtzebuerger sin, an ob déi aner sech dann als zur Lëtzebuerger Delegatioun zougehéiereg ugesinn, oder zu där vun deem Stat, vun deem se d'Nationalitéit hun, dat muss d'Zukunft beweisen.

Mä elo kënnt dann déi Geschicht mat de Gemengewalen. Firwat eigentlech këmmere se sech jhust ëm deen allerënneschten Niveau vun der demokratescher Représentatioun? Deen an der Mëtt as bis elo nët dran. A wann een de Verdacht huet, wéi ech en hun, dat wir nëmmen opgeschuppt fir d'Zukunft, et kéim och eng Kéier sou wäit, datt se géinge soen, jiddereen, deen d'europäesch Biirgerschaft huet, stëmmt do, wou en as, mat fir d'national Parlament, da sot Dir do ënnen: Neen, neen, dat kënnt nët a Fro, d'national Souveränitéite gi respektéiert!

**M. Emile Krieps** *(DP)*.- Da sëtze si erëm eng Kéier um Iessen!

**M. Georges Margue** *(CSV)*.- Ech hun, wéi ech gëschter der Mme Err nogelauschtert hun an hir Argumentatioun fir d'Extensioun vum Walrecht op d'Europabiirger ugehéiert hun, d'Impressioun gehat, dass si doduerch guer nët genéiert as, mä datt si dat gutt fënt. Si huet eis gesot, déi Leit, déi hei schaffen, déi bei eis wunnen, déi zu eisem Wuelstand bäidroen, sollen hei och Rechter kréien.

Dat soë mir all, d'Fro as nëmmen: Wat fir eng? Mir hun hei ëmmer scho gesot: Leit, déi eng Zäitlaang hei sin, wann déi wëllen esouer gi wéi mir der sin, hei all Rechter wëlle kréien, eis Nationalitéit unhuelen, da solle mer hinnen dat gin. An d'Praxis as do, Lëtzebuerg brauch sech nët ze genéieren.

Mir sin déi, déi am Verhältnis zur Gesamtpopulatioun déi meeschte Leit abiirgeren, an dat gréisstendeels à l'unanimité, a mir wëllen och esou virufueren.

Mä hei kënnt et jo drop eraus, grad wann déi Restriktiounen, fir déi eis Regirung sech staark hält, agetratt sin, datt jo nëmmen déi kënne matstëmme goë fir d'Gemengeréit, déi schon 10 Joer am Land sin. Dat si jo och déi, déi d'Naturalisatioun kënne froen.

Hei as also eng Méiglechkeet, fir ze soen: Ech wëll hei bei Iech matbestëmmen, ech wëll awer méng Allégeance vis-à-vis vun deem Stat, wou ech hierkommen, nët opgin. Do solle mer d'Saachen nët verwiesselen!

Kee Mënsch verlaangt vun engem Italiéiner, Portugies oder Jugoslaw, dee sech Lëtzebuerger maache léisst, e soll séng al Hemecht vergiessen. Kee Mënsch verlaangt vun deem, e soll d'perséinlech Bezéiungen zu deem Land, wou en hierkënnt, zu sénger Famill dohanne vergiessen.

Déi Lëtzebuerger, déi an Amerika ausgewandert sin, hu sech gréisstendeels beméit, fir méiglechst bal Amerikaner ze gin. Si hun trotzdeem nët vergiess, vu wou se hier waren. Si hun zwou oder dräi Generatioune laang déi gemeinsam Origine virugefleegt, zwou Generatioune laang op d'manst nach hir Sprooch behalen,

Zäitschrëften erausgin, déi se zesummegehalen hun. Si waren awer amerikanesch Staatsbiirger. Dat as, wat engem hei e wéineg ze denke gët.

Elo schwätzen ech nët méi speziell als Lëtzebuerger, als ee vun engem Land, wou relativ vill Ausländer liewen. Dat as iwwregens näischt esou Absonnerleches.

Déi Leit, déi zu Lonkech bäizéien, well se do Aarbecht fond hun an enger Zäit, wou dat de Fall war, déi komme vläicht vu méi wäit wéi munchereen, deen hei bäigezun as. Een, deen aus der Äifel op Esch koum, deen as nët esou wäit hierkomm wéi een, deen aus der Bretagne op Lonkech koum. Mä deen aus der Bretagne op Lonkech koum, war eben ëmmer e Fransous.

An engem klenge Land, wou d'Grenzen no bäi sin, as et kloer, datt d'Migratioune vun de Leit, déi schaffe kommen, noutwendegerweis méi Ausländer erabréngen, och noutwendegerweis no där Korrektur verlaangen, déi dodra besteet, datt d'Leit eis Nationalitéit kënnen unhuelen, wa se fannen, datt se elo bei eis doheem sin.

Ech denken nach ëmmer un de Mann, dee gebiirteg war zu Gubbio, an deen ech bäilefeg gefrot hun, well ech et hu musse wëssen, wat fir eng Nationalitéit hien hätt, mat Stolz gesot huet: Mer si Lëtzebuerger! A la bonne heure! Wann e gesot hätt, ech sin nach ëmmer Italiéiner, hätt ech him och näischt kënne verdenken.

Ech hun a ménger Familje Leit gehat, zimlech vill an der Generatioun vu ménge Grousselteren, déi an d'Frankräich ausgewandert sin. Déi eler Leit hu gezéckt, fir d'franséisch Nationalitéit unzehuelen. Hir Kanner hu se alleguer ugeholl. Dat as jidderengem séng Entschedung. Mä wa se Fransous gi sin, da ware se Fransous. Dat verhënnert nët, datt ech nach haut mat ménge klenge Koséngen, déi an diverse franséische Stied liewen, Familjebezéiungen ënnerhalen, datt mer eis geleëntlech gesinn, datt een op deem anere séng Begriefnësser geet. Et as jo ëmmer do, wou ee sech gesäit!

Et geet hei ëm dat Juristescht, an do kann ech nun awer nëmme soen: Esou wéi déi Oppositioun Union économique-Union politique an der Logik nët klappt, sou klappt et och an der Logik nët, wann ech zu engem soen: Du kriss elo politesch Rechter an engem Land, ouni dass de Staatsbiirger vun deem Land gëss.

Jo, wouran definéiere sech dann d'Rechter oder d'Flichte vum Staatsbiirger? Zënter datt mer kee Militärdéngscht méi hun, as et jo bal nëmmen duerch d'Stëmmrecht, wou ee gesäit, wien hei Lëtzebuerger as, a wien et nët as. Déi Zäiten, vun denen de Code Napoléon nach Tracë gedroen huet, wou den Ausländer, deen nët duerch de Grand-Duc autoriséiert war, sech hei nidderzeloossen, nët emol de Genoss vun allen zivile Rechter sollt hun, déi si Gott sei Dank eriwwer.

Et as haut evident, dass all Mënsch deen hei as zivil a sozial Rechter huet. Dorunner as nët méi ze rëselen, ob e communautär as oder nët.

Ech hun d'Gefill, hei gët drop lassgeschafft, nët fir d'Nationalitéiten ofzeschafen, déi kënne virulafen a sin och noutwendeg fir d'europäesch Biirgerschaft ze definéieren, well ët muss ee jo déi vun enger Natioun hun, mä fir se auszehillegen doduerch, dass no an no all europäesche Biirger, egal wou ën sech ophält, déi selwecht politesch Rechter huet.

Elo huet ee gesot, da sollen déi Friem awer och déi selwecht Flichten unhuele wéi d'Lëtzebuerger. Ech hun du gefrot, wat fir spezifesch Flichte gët ët dann iwwerhapt fir d'Lëtzebuerger, nodeem mer kee Militärdéngscht méi hun, flichtstëmmen ze goën?

*(Interruption)*

Selbstverständlech, ech sin 100%teg domat d'accord. Mä déi Flichten, déi e Mënsch huet hei, bestin doranner, dass een d'Gesetzer befollege muss, zum Beispill d'Steiergesetzer, dass ee muss Steiere bezuelen, zum Beispill dass ee muss op d'Geriicht komme wann ee fir Zeië geruff gët.

Dat mam Steiere bezuelen as iwwregens nët de Corollaire zum Stëmmrecht. Et as de Corollaire dozou, dass ee bénéficiéiert vun allem wat d'politesch Communautéit, ob ët de Stat oder d'Gemeng as, hei zu Gonschte vun den Awunner mécht. Bénéficiéiere vun de Servicer vun der Police, esou wäit se kënne gemaach gin. Mir hätte jo heiansdo gäer si solle méi wäit goën, heiansdo och si sollen nët esou wäit goën. Bénéficiéiere vun de Servicer vun de Ponts et Chaussées, vun de Servicer vun de Schoulen, an déi ee ka goën, vun der Stroossebeliichtung, vum Aménagement vun de Stroossen, vun allem wat hei gemaach gët. Wien dovu bénéficiéiert, bezillt dofir Steieren, egal wéi séng Nationalitéit as.

An elo kënnt ët bei däer europäescher Biirgerschaft. Wann dat hei elo soll èng Equivalenz zu enger europäescher Konstitutioun sin - ët as zwar kee Muster vun Opbau vun enger Konstitutioun - da misst jo awer och emol eppes drastoë kommen iwwer d'europäesch Biirgerschaft an engem anere Sënn. An eisen nationale Konstitutioune steet, all Leit wire gläich virum Gesetz an notamment virum Steiergesetz an ët dierft keen Ennerscheed vu Klassen oder eng Distinction d'ordre gin. Hei an Europa stelle mer awer fest, ët gët zwee europäesch Biirger. Et gët déi, déi Steiere bezuelen un déi Instanzen, déi normalerweis op engem Territoire d'Besteierungsrecht hun an ët gët der, déi, sous prétexte dass se hirem Patron Steiere bezuelen, dem Stat an deem se sech ophalen oder och deem Stat aus deem se hirkommen, keng Steiere bezuelen. Dat geet esouguer esou wäit no der Jurisprudenz vun der Cour de Justice, dass se dann op deem Deel vun hirem Revenu, deen nach der nationaler Besteierung ënnerläit, och nach Avantage genéissen, well déi national Steierverwaltung déi Revenuën nët dierf fir d'Berechnung zesummenhuelen.

As dat op d'laang Weil ze vertrieden? Do wir ech frou wann emol eng Kéier een de Mond géing opdin. Nëmmen, bei de Verhandlungen am Conseil huet d'Kommissioun d'Initiativrecht an déi kënnt nët mat dene Saachen hei. Am Europaparlament weess ech ët och nët, well déi Europadeputéiert si mer zevill op d'Fonctionnaire vum Parlament ugewise bei allem wat se ënnerhuelen.

Hei as nach eppes aneschtes. Dat do steet wéinegstens am Traité. Mä mir wëssen, dass d'Europabeamte refuséieren sech an d'Populatiounsregëschteren androën ze loossen. Dat kënnt vläicht dohier dass eenzel Memberstaten déi Institutioun iwwerhaapt emol nët kennen. Ech halen déi fir ënnerentwéckelt Staten op deem Punkt.

Mir sin och ënnerentwéckelt op munche Punkten. Mir hun zum Beispill kee Grondbuch.

Mä dat as ménger Menung no eng falsch Interpretatioun vum Traité. Am Traité steet nämlech iwwer d'Privilegie vun de Communautéiten, si wiren de Sujétions nët ënnerworf, déi d'Ausländer treffen. Mir hei och nët, mä mir mellen eis un obscho mer keng Ausländer sin, well och d'Lëtzebuerger musse sech umellen. Dat féiert dann och nach zu Verfälschungen. Déi Chifferen, déi am Rapport stin iwwer d'Zuel vun den Ausländer hei zu Lëtzebuerg, déi sin nët richteg, well d'Europabeamte sin der jo awer iett mat hire Familjen. Déi sin einfach nët matgezielt.

Déi Chifferen, déi eisen Innenministerium huet iwwer d'Awunnerzuel vun de Gemengen an op Grond vun denen ën d'Verdelung vu Steiere mécht, sin och nët richteg, well eng ganz Parti Gemengen ze wéineg Awunner do stoën hun, well d'Europabeamten, déi an dene Gemenge wunnen, nët matgezielt gin. Déi maachen awer de Gemengen och Käschten.

Esou Saache missten dann awer och emol zur Sprooch kommen am Rahme vun däer europäescher Biirgerschaft, déi mer elo aféieren.

Elo nach e puer aner Saachen.

Et stin hei, esouwuel vir an den Dispositions communes, Artikel B, wéi dann och ërëm méi wäit hannen, eng Parti Domänen, ëm déi d'Communautéit sech och kann oder soll këmmeren. An do as ët wou ët engem irgendwéi elle gët, well een nët weess, wéi wäit

geet haut d'Immixtiounsrecht, besonnesch wa mer héieren, dass se sech nët nëmmen ëm kulturell Saache kënne këmmeren oder ëm d'Santé publique, oder ëm d'Coopératioun vun der Justiz, mä och „dans les affaires intérieures". „Affaires intérieures", dat as tout juste alles wat ët gët als Sujet vun enger Legislatioun a Reglementatioun.

Dat geet jo och däitlech aus deem Artikel iwwer de Subsidiaritéitsprinzip ervir. Et gët an Zukunft Domänen „qui ne relèvent pas de sa compétence exclusive". Dat heescht, eis Regirung an eis Gemengen dierfen och nach Gesetzer oder Reglementer maachen, mä si kënnen ët awer och.

D'Prozedure sin dann hannen extra virgesinn, och wann se méi oder wéineger kompliziéiert sin, mä ët geet doraus ervir, ët as elo kaum nach een Domän wou d'Communautéit näischt décidéiere kann.

Do as ët wou d'Leit onsécher gin an dat schénge mir d'Grënn ze sin, fir wat a Länner bei denen d'kommunaalt Walrecht keng grouss Roll spillt, awer eng Parti Leit Bedenken hun an haten a mir gin se och nët ganz lass. Dat mat deem Subsidiaritéitsprinzip, dat as e schéine Saz. Wou ën hirkënnt, dat huet den Här Colling scho gesot. Dir kënnt Enzykliken noliesen, „Rerum novarum" a „Quadragesimo anno", dat as e gudde Prinzip, mä wien appréciéiert séng Applikatioun? Dat sin déi, déi hei d'Kompetenz hun, fir am Numm vun der Communauté eppes ze ënnerhuelen.

Ech huele jo un, déi Appréciatioun as och gemaach gi wéi den Traité vu Maastricht opgesat gin as. Muncheree vun eis as vläicht der Menung, déi Immixtioun an d'kommunaalt Walrecht wir vum Subsidiaritéitsprinzip hir jo nët onbedéngt noutwendeg gewiescht. Déi Leit, déi ët gemaach hun, waren anerer Menung an esou geet ët och an Zukunft.

An da kommen ech nach op eppes wat ëmmerhin der Méi wäert as ervirgehuewen ze gin. D'legislativ Gewalt an der Communautéit gehéiert dem Conseil. Mir hun elo zwee Conseilën, de Conseil européen as jo nëmmen engem Mann zuléift esou genannt an opgeriicht gin. Le Conseil tout court, dat sin eis Regirungen. Déi légiféréieren. Si mussen natiirlech ënnert sech eens gin. Heiansdo mussen se unanime sin, heiansdo och nët, mä wann se bis eens sin, dann as dat wat se gemaach hun acquis.

Bei engem Traité gi mir nach gefrot, mä mir kréien awer och gesot, Dir hut dat ze stëmmen, well wann Der ët nët maacht, da faalt Der aus dem Zuch an da fiirt deen iwwert Iech, ëmsou méi bei Saache wou elo d'Communautéit d'Kompetenzen huet, ouni mussen eppes un engem Traité ze änneren.

As d'Versuchung nët do bei de Ministere sech ze soën, mä dat wat mer um europäeschen Niveau kënne maachen, do brauche mer nët heemzegoën an eis Parlamenter an eis nach laang mat denen ëremzebalechen, ze erliewen, dass se Amendementer an eis Texter setzen, vläicht esouguer emol eng Kéier eppes refuséieren? Wat se als Conseil des Communautés gemaach hun, dat as do. A wann ët eng Direktiv as, da si mir nach jhust do fir d'Kulisaarbecht ze maachen a fir dat an d'Praxis ëmzesetzen. Dat soll ervirgehuewe gin. Dat as e wichtegt Element an de Strukture vun der Communauté.

Et sin hei Saache wou elo ausdrécklech gesot gët, zum Beispill d'Kultur, zum Beispill d'Coopération judiciaire, zum Beispill d'Santé, do soll d'Communauté sech elo drëm këmmeren. Mir hu jo awer en Organ zënter 1949 wou och an deem Traité, deen ët agefouert huet, e schéine Saz steet „de promouvoir une union plus complète entre ses membres". Och do as dat Wuert „union" gebraucht gin, dat mer hei ërëm an Oppositioun zu „communauté" setzen. As „union" méi, as „union" manner? „Union" as méi vague, ganz kloër.

Well am Europarot wësse mer, dass ët keng supranational Pouvoiren huet, mä dass ët e Lieu de rencontre as, wou mer engersäits eng Assemblée hun, déi villes gäer hätt a wéineg duerchsetzt an op däer anerer Säit e Ministercomité, deen ëmmerhin, zënter dass e besteet, méi wéi 100 Konventiounen op d'Bee gesat huet, déi nët alleguer vu jidderengem approuvéiert sin, awer vill dach vu villen an do sin der eng ganz Parti iwwer d'Coopération dans le domaine juridique dran, och um Gebitt vun der Santé an nach vill méi um Gebitt vun der Kultur.

Et hat ee schon ëmmer d'Gefill, dass d'Servicer vun der Kommissioun vu Bréissel mordikus wollte selwer eppes maachen op dene Gebitter, déi awer eigentlech dem Europarot säi besonneschen Domän sin. An ech fäärten, dat geet elo esou virun. Dobäi si jo sämtlech Membere vun de Communautéiten och am Europarot an déi, déi ausserdeem nach dra sin, si jiddefalls och Europäer an ët kann ee wierklech nët soën, dass d'Coopération culturelle de gemeinsamen Acquis culturel vun den europäesche Länner limitéiere kënnt op déi 12, déi de Moment an der Communautéit sin, oder hun déi Schwäizer an d'Éisteräicher aner kulturell Egenaarte wéi déi, déi ronderëm sin, oder d'Schweden oder d'Norweger?

Hei gët allerdéngs ëmmer nach geschwat am Vertrag vun der europäescher Konventioun iwwer d'Mënscherechter. Do gët mindestens eppes dem Conseil de l'Europe zegutt gehalen. Mä do wëll ech och op eppes hiweisen.

D'Memberstate vum Conseil de l'Europe sin esou knéckeg mam Conseil de l'Europe, dass s'ëm einfach déi néideg Finanzmëttel nët gin, fir déi Aufgaben ze erfëllen, déi e sollt a kënnt. Doduerch eleng kënnt ën an d'Hannertreffe vis-à-vis vun de Communautéiten.

A wa mer scho gesot kréien, d'Communautéite kaschte guer nët esou vill. D'Communautéiten hun déi Suën, déi se brauchen, nët nëmme fir dat wat se musse maachen, mä och fir dat wat se gäer géife maachen. Den Europarot kënnt nët vun der Plaz, well e keng Suën huet.

Kokass as ët, dass d'Mënscherechtskonventioun verlaangt, dass d'Prozesser an engem verstännegen Délai ofgewéckelt gin. Do si verschidde Länner an Infraktioun an notamment mir. Mä wat méi kokass as, d'Organer fir d'Protektioun vun de Mënscherechter zu Stroossbuerg wéckelen d'Plainten och nët an engem raisonnablen Délai of. Fir wat? Well se einfach d'Moyenën nët hun, well haut nach d'Kommissioun fir d'Mënscherechter an d'Cour des Droits de l'Homme mat Kommissären a Riichtere musse schaffen, déi dat niewebäi maachen, déi nët haaptamtlech sin, déi nët en permanence kënnen zu Stroossbuerg sin, wat fir d'Kommissären aus der Kommissioun onbedéngt misst de Fall sin. Si maachen dat niewebäi an hun awer nach eng Charge doheem, wou se dann och gelästert gin, well se e gudden Deel vun der Zäit do nët kënne präsent sin.

Hei mengen ech, misst och nach eppes geschéien a wa mer dat och nëmmen am Kader vun de Communautéite maachen. Ech géif awer mengen, eis Regirunge missten sech dat och zu Häerz huelen. Wa schon am Vertrag vu Maastricht d'Mënscherechtskonventioun ernimmt gët, da misst een awer och deem Organ, dat déi duerchzeféieren huet, déi néideg Moyenë gin, fir dass dat nët nëmmen um Pobeier steet, mä dass och déi Plainte kënne seriö behandelt gin.

Ech wëll elo domat ophalen. Ech hätt nach méi kënne soën, mä ech mengen, dat hei war scho genuch.

Dann déi reng konstitutionell Saach. Ech si frou hei ze héieren, dass déi Bestëmmung heiraus, déi de Moment mat eiser Konstitutioun am Widdersproch steet, dass mer all hoffentlech der Menung sin, dass déi ëréischt kann a Kraaft trieden a souwisou ëréischt brauch a Kraaft ze trieden nodeem d'Konstitutioun geännert as. Ob déi nächst Châmber dat mécht, dat weess ech nët. Ech sin nët méi derbai.

Déi jëtzeg Châmber muss soë wat fir Artikelen ze ännere sin. Dat as ménger Menung no, wat dat kommunaalt Walrecht ugeet, nëmme jhust den Artikel 107. Den Artikel 107 seet, fir an der Gemeng ze stëmme muss een d'Konditioune vum Artikel 52 erfëllen an dann nach déi, déi d'Gesetz extra virgesäit, dat wëllt soën, d'Residenz an der Gemeng. Den Artikel 52 solle mer stoë loossen. Wa mer jo elo gesot kréien, ët géing nët drëm och schon de Communautéits-

biirger d'Stëmmrecht fir d'Châmber ze gin, da solle mer nët virun de Won lafen.

Mir sollen den Artikel 107 vum Artikel 52 lassléisen, eng aner Formuléierung fannen, déi heimat compatibel as. Mir maachen ët vläicht nët gäer, mä mir mussen ët maachen an da maache mer ët alt.

**M. le Président.**- Deen nächsten ageschriwwene Riedner as den honorablen Här Emile Krieps.

Ech géif der Châmber proposéieren, nom Här Krieps fir de Moië Schluss ze maachen an dann de Mëtteg um 14.30 Auer weiderzefueren.

**M. Emile Krieps** *(DP)*.- Här President, dir Dammen an dir Hären. Ech huele Stellung zu dem Traité vu Maastricht a méngem perséinlechen Numm. Well ech nët méi Kandidat fir déi nächst Gemengeroots- a Châmberwale sin, brauch kee mir de Virworf ze maachen, ech wëllt duerch méng Stellungnam mech profiléiere fir Stëmmen ze fänken.

Wann an alle Länner vun der EG Widderstänn géint den Traité vu Maastricht entstane sin, esou as dat d'Schold vun de Regirungen a vun der Passivitéit vun de Parlamentarier a vun de Parlamenter.

D'Regirung Santer-Poos hat de Mandat, den 1. Januar 1993 de Marché intérieur ze realiséieren a soss näischt. Eis Regirung huet kee Recht mat enger Rei vun aschneidende Moossnamen d'accord ze sin, déi an den Traité vu Maastricht agewéckelt goufen. D'Regirung huet esou schlecht verhandelt wéi dat virdrun nach ni de Fall war.

Eng logesch Prozedur fir Lëtzebuerg wir folgend gewiescht:

1) E Referendum ofhalen,
2) eis Verfassung änneren,
3) den Traité duerch d'Châmber ratifizéieren.

Zumindest hätt virun der Ratifizéierung missten e Referendum ofgehale gin, mä géint den Avis vu ganz eminente Juristen huet d'Regirung dat nët gemaach. An och d'Majoritéit vun dëser Châmber war nët domat d'accord.

Wann ët ëm e vereenegt Europa geet, da si fir eis Bevölkerung zwee Intérêtën am Spill: e materiellen Intérêt an e spirituellen Intérêt.

Lëtzebuerg, als en Exportland par excellence, as drop ugewisen an engem groussen Europa ze sin, fir séng Produkter zollfräi ausféieren ze kënnen, fir séng Bankplaz um Liewen ze halen an ofzesécheren. Duerch d'EG hu mir eng Rei vun europäeschen Institutiounen am Land, déi e wesentleche wirtschaftleche Faktor duerstellen.

Den Här Staatsminister Santer huet versicht nach aner Ursaachen unzeféieren. Hie sot, Europa géing dee laange Fridden nom Zwete Weltkrich der EG verdanken. Dat as eng bor Onwouerécht. Europa verdankt de Fridden der NATO a speziell der Präsenz vun den Truppe vun Nordamerika um europäesche Kontinent. Ouni de Schierm vun den amerikaneschen Atombommen hätte mir eis nët kënnte wiere géint déi mächteg an agressiv Sowjetunioun.

All Land huet op däer anerer Säit e vitaalt Interessi, séng lokalpolitesch, landespolitesch a kulturell Egestännegkeet ze behalen. De Generol De Gaulle huet vun der „Europe des Nations" geschwat. Mir Lëtzebuerger mussen och fir d'Europe des Nations sin. Speziell déi kleng Länner musse verhënneren, dass si onnoutwendeg souverän Pouvoiren oftrieden an da riskéiere wéi duerch e Löschblat opgehuewen ze gin.

Den Traité vu Maastricht kann op ville Ponkte kritiséiert gin, well ouni zur Zäit d'Bevölkerung ze froën, ouni zur Zäit d'Parlamenter anzeschalten, as d'Preparatioun vum Traité iwwerstierzt gin. War ët vläicht dass e sollt d'nächst Joër a Kraaft triede virun de Parlamentswalen am Frankräich an an der Bundesrepublik?

Wéi kann een nëmmen de Prinzip vun der Subsidiaritéit aféiere mat däer schäinhelleger Iddi, alles wat besser bei denen eenzelne State kënnt gemaach gin, géif do belooss gin, wou an der Praxis d'Staten hir Pouvoiren a Kompetenzen nëmmen no uewen ofgetrueden hun un d'Kommissioun vu Bréissel, eng Société anonyme, déi kengem Rechenschaft schëlleg as.

Wann ee bedenkt, dass eng Kommissioun vu Bréissel wëllt séng Nues an de franséische Camembert stiechen an dass se zum Beispill de Béierbrauer virschreift wat op enger Etiquette soll stoën, da kann een nët hei schwätze vun irgendenger Generositéit, déi op eemol vun uewen erof no ënne géing kommen.

Eng fir Lëtzebuerg geféierlech Regel gët agefouert mat der Majorité qualifiée. Mat däer Regel kann de Conseil vun der EG sech besonnesch iwwer d'Interesse vun dene klenge Länner ewechsetzen.

D'Kommissioun vu Bréissel kritt esou vill Kompetenze bäi, dass do eng regelrecht Diktatur vun Technokraten entstoë kann. Et gi massiv nei Servicer geschaaft, wat en Hedegeld kascht. Et as op jidde Fall eng gutt Geleënheet fir d'Gesetz vum Parkinson irgendwéi unzewenden an administrativ Empiren opzebauen. Geschwë bezuele mir duebel, eng Kéier fir Bréissel an eng Kéier an eisem Land, fir dene selwechten Obligatiounen nozekommen. De Käschtepunkt wiisst op eng Aart a Weis, déi grouss finanziell Sacrificer vun eis alleguer verlaange wäärd.

D'Aféiere vum ECU as un esouvill Konditioune gebonnen, dass ët quasi onméiglech as eng gemeinsam Währung bis Enn dëses Joërhonnerts ze realiséieren. Déi gemeinsam Währung bréngt nët eleng Virdeler, och nët fir Lëtzebuerg. Ech wëllt nëmmen e puer Wierder zitéieren aus engem Artikel am „Monde", wou d'Patronën am Frankräich am Fong geholl den Traité vu Maastricht begréissen a wou jiddereen da séng Menung seet. Do huet zum Beispill ee gesot: „La monnaie unique entraîne le reste: harmonisation de la fiscalité,...". Wat dat fir Lëtzebuerg kënnt bedeiten, dat kënnt Der Iech jo liicht virstellen. Dat si relativ somber Expektativen, dene mir kënnen entgéint goën. Dass mir hei mussen zu Lëtzebuerg d'TVA ganz staark erhéijen, fir dass déi aner Länner, déi nët budgetärméisseg haushaltteresch sin, kënnen hir Fräë bezuelen.

Dass eis Akzise wesentlech an d'Luucht gin, dass zum Beispill de Bensin vläicht 36 oder 40 Frang de Liter verkaaft gët, wann ët bei ons mat 20 Frang duer géing goën.

Och wann d'Législation fiscale harmoniséiert gët, dir Häre vun der Regirung, da kënnt Der awer och sécher sin, dass do eng Gefor fir eis Bankplaz besteet, well da sin déi favorabel Législatioun, déi mir hei hu fir eis Bankplaz ze schützen, zum Beispill wat d'Holdingen ubelaangt an nach aner Dispositiounen a Gefor. Da riskéiere mer, wann eng Kéier déi Monnaie unique besteet an Europa, dass eis Finanzplaz sech volatiliséiert. Dorobber musse mer oppassen.

**M. le Président.**- Erlaabt Der eng Fro vum Här Asselborn, Här Krieps?

*(Assentiment)*

**M. Jean Asselborn** *(LSAP)*.- Wat géif Der da soë wann d'Belsch, déi jo Unhänger si vun der Union monétaire, géife soën, mir maachen de Choix fir bäizetrieden, fir den ECU an der Belsch ze huelen? Da besteet automatesch de belsche Frang nët méi an och nët méi de Lëtzebuerger Frang. Wat géift Der da maachen?

**M. Emile Krieps** *(DP)*.- Här Asselborn, ët as gutt dass Der déi do Fro gestallt hut, well ët kann ee jo alles hin an hier zerrieden an Dir kënnt ët och zermaulen.

Mä d'Gefor as ganz grouss, Här Asselborn, dass mir am ECU dra sin, wann d'Belsch nach nët dran as an da si mir ofgekoppelt vun eisem haapt Wirtschaftspartner. Denkt emol un déi Saach, well wéi kënnen d'Belsch zum Beispill déi Konditiounen erfëllen, déi fir den Accès zur Monnaie unique erfuerdert sin, vu wege Staatsschold, vu wege Budget asw.

Mir sin éischter am ECU dra mat Frankräich a vläicht mat anere wéi Belgien. An dann hu mir den ECU a si hun nach hire schwaache belsche Frang. Esou geet ët.

**M. Jacques F. Poos,** *Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération.-* Dofir musse mer awer den Traité stëmmen, well soss kréie mer keen ECU.

**M. Emile Krieps** *(DP).-* Ech hun Iech jo gesot, dass och nët alles Kaffi a Kuch as, wa mer eng Monnaie unique kréien an ech wäärd Iech elo soë wat ech dovunner halen.

Dee sonder Zweifel gréissten Obstacle fir Lëtzebuerg as d'Aféiere vum Auslännerwalrecht fir d'Gemengerootswalen an d'Wale vum Europaparlament.

Säit 1945 sin ech Federalist oder Konfederalist gewiescht an ech sin ët och nach haut: Ech si fir eng Konfederatioun vun Europa mat enger gemeinsamer Aussenpolitik, enger gemeinsamer Sécherheetspolitik, enger gemeinsamer Wirtschafts- a Währungspolitik. Punkt, Schluss, fäerdeg.

Ech kënnt, trotz alle berechtegte Kriticke géint de Vertrag vu Maastricht, dee Vertrag stëmmen, mä ouni den Artikel 8B, deen d'Walrecht fir d'Auslänner virgesäit. Och d'Dispositioun vun den „dérogations", vun den Ofännerungen, déi fir verschidde Länner gëlle kënnen, si fir mech inakzeptabel.

Wann a Frankräich oder Däitschland bal 32% Auslänner géinge liewe wéi an eisem Land a bal 48% Auslänner zu Paräis oder zu Berlin, wéi an der Stad Lëtzebuerg, da wär déi Dispositioun ni an de Vertrag vu Maastricht komm.

Wann England ët fäerdeg bréngt, eng Exemptioun ze kréie fir de Volet social a fir aus der gemeinsamer Währung erauszebleiwen, wéinegstens fir eng gewëssen Zäit, wär ët och méiglech gewiescht eng Exemptioun ze kréie fir d'Auslännerwalrecht hei zu Lëtzebuerg.

Eng ganz héichgestallten auslännesch Personnalitéit, déi ech nenne kann, déi wesentlech um Projet matgeschafft huet, huet elo kierzlech zu engem Lëtzebuerger gesot, wa Lëtzebuerg ons richteg opgekläert hätt an d'Regirung Santer-Poos hätt eng Exemptioun gefrot, da wär se zougestane gin. Ech kënnt och déi Persoun hei nennen. Mä de Versuch as vun eiser Regirung ni gemaach gin.

Dat as de schlagende Bewäis, dass déi Häre Santer a Poos vun dem OGB-L an dem LCGB encouragéiert si gin, fir d'Walrecht och fir Lëtzebuerg zouzeloossen.

Et as sonnekloër, dass déi Gewerkschaften iwwer de Biais vun de Gemengerootswalen hir Machtstellung hei am Stat ausbaue wëllen. Dat as awer nët den Haaptgrond, fir wat dass ech géint d'Auslännerwalrecht sin. Méng Oppositioun zum Auslännerwalrecht huet näischt mat Rassismus oder mat Auslännerhaass ze din, well 1945 war ech Matbegrënner vun der Association luxembourgeoise des Droits de l'Homme. Am Kloërtext heescht dat, dass ech géint de Rassismus a géint de Xénophobismus sin.

Loosst mer zesummen d'Auslännerwalrecht ënnersichen.

D'Regirung Santer-Poos huet vaguement annoncéiert wéi d'Dérogatioune kënnten ausgesinn. Et muss ee 7 oder 10 Joër am Land gewunnt hun. Et muss een sech an eng Wielerlëscht aschreiwen an d'Regirung gesäit dat als eng Schwiregkeet un, mä mir wësse jo awer wéi dat géing goën.

Den OGB-L an den LCGB géifen hir Membere mat der Händche bis bei d'Lëschte féieren an hinne gläichzäiteg soë wéi se stëmme sollten. Esou einfach kann dat gemaach gin.

Eng weider Dérogatioun besténg doranner, dass keen Auslänner däerft am Schäfferot sin. Vläicht däerften och nëmme 25% auslännesch Conseilleren an engem Gemengerot sin.

Esouguer mat denen Aschränkunge kënnten eng Rei vu Gemenge fonktiounsonfäeg gin. D'Représentatioun vu 25% géing duergoë fir onbezuelbar Fuerderungen ze stellen, well ët hinne liicht wär, zesumme mat der Oppositioun, de Budget nët ze stëmmen an da wär de lëtzebuergesche Schäfferot vir bäi an hanne widder.

Virun 20 Joër hun d'Italiener ege Schoulen an all grouss Stad hei am Land verlaangt. Dat kënnt Der Iech nach alleguer erënneren, speziell déi hei an der Châmber waren oder an der Regirung, wéi den Här Unterréchtsminister Jean Dupong talonnéiert gin as, fir an all Groussstad italienesch Schoulen anzeféieren niewent den Europaschoulen. An zënter 1970 hu mer massiv Portugiesen hei an d'Land kritt an déi hun och scho gesot, Leit déi Responsabilitéiten hun, dass si géingen drop halen, do wou vill portugiesesch Kanner wären, fir hir ege Schoulen ze kréien.

Mir wësse jo awer dass d'Gemenge responsabel sin iwwer de Préscolaire, iwwer de Primaire. Et geet zwar no engem Plang vum Unterréchtsministerium, mä dee Schäfferot géing ech awer gäer gesinn, deen deem Drock do kënnt laang widderstoën.

Mä wéi kënne mir hei Auslänner intégréieren - an ech schwätzen nët vun der éischter Generatioun, ech schwätze vun hire Kanner - wann se nët bei eis an d'Schoule gin, lëtzebuergesch léieren an déi Sproochen, déi bei ons üblech sin?

Huele mer de Fall vun den Europawalen. Am Europaparlament hu mer 6 Vertrieder. Et wär nët onméiglech dass zwee Auslänner an d'Europaparlament kënnte gewielt gin, esouguer wann se op eise Lëschte wären, déi mer jo kennen. Doduerch dass der ëmmer an d'Regirung réckelen, kënnt ët och sin, dass op eemol zwee Auslänner am Europaparlament wiren. A wie géinge si do vertrieden? Lëtzebuerg, Portugal oder Italien? Stellt Iech emol déi Fro. A wéi géinge si sech dozou stelle wann zum Beispill den Office des Marques misst entweder op Roum kommen oder op Lissabon vis-à-vis vu Lëtzebuerg? Wéi géingen déi do ofstëmmen?

Et as dach nët denkbar, dass mir am Europaparlament Auslänner hu fir ons Interesse hei ze vertrieden. Well ët as scho gesot gi vum Här Margue, déi Leit behalen hir Frëndschaft an hir Unhänglechkeet zu hirem fréiere Land. An dat kann een dene Leit nët verbidden. An Dir wësst jo och ganz gutt, dass jiddereen, och wann een hei séng perséinlech Menung huet, ganz liicht vu Roum oder vu Lissabon kann influenzéiert gin.

Den Artikel 8B vum Traité gesäit vir, dass fir d'Gemengerootswale virum 31. Dezember 1994 d'Modalitéiten an eventuell Derogatiounen duerch de Conseil eestëmmeg fixéiert gin op Propositioun vun der Kommissioun an no Konsultatioun mam Europaparlament.

Ech froë mech wat d'Kommissioun vu Bréissel, déi sech soll ëm d'Mëllechquote bekëmmeren an ëm d'Wirtschaft, wat huet déi Société anonyme mat eise Walen ze din? Ech froë mech och, wat huet d'Europaparlament mat eise Walen ze din? Mat eise Walen huet eis Châmber ze din, eis Buurgermeeschteren, eis Leit hei zu Lëtzebuerg. Déi mussen ons soë wat se eventuell gäeren un Derogatiounen hätten an nët eng Propositioun vun engem Här Delors oder vun irgendengem, deen am Europaparlament as. Dat as eppes wat mer op jidde Fall ni däerfen zouloossen.

Iwwregens, fir déi Derogatiounen, wann déi iwwerhaapt noutwendeg sin, dat heescht, wann nët renégociéiert gët, da muss hei d'Châmber e gewichtegt Wuert matschwätzen. A mir kënnen nët den Här Poos als Ausseminister, dee Member as vum OGB-L, autoriséieren, fir do Derogatioune fir eis aushandelen ze goen!

Den Här Eierestaatsminister Gaston Thorn huet en Interview iwwer Maastricht gin. Doraus huet den Här Poos nëmmen zréckgehalen, datt den Här Thorn fir Maastricht as. Den Här Poos hat nët gelies, wat den Här Thorn zum Auslännerwalrecht gesot huet. Am Interview steet: „Es sei denn auch stupid gewesen, die Verträge mit diesem Punkt zu belasten. Dies sei absolut unnütz gewesen, da es zur Zeit viel wichtigere Dinge zu regeln gebe."

**M. Jacques Santer,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.-* Den Här Thorn huet awer de Rapport vum Här Tindemans 1975 akzeptéiert gehat.

**M. Emile Krieps** *(DP).-* Ee Moment! Dir kënnt Iech erënneren, dass zu där Zäit déi dräi Haaptparteie vum Land op Kongresser

gesot hun, si wäre fir d'Auslännerwalrecht. Dat waren all déi Leit, déi an Europa eng Kéier wollten eng Carrière maachen.

**M. Jacques Santer,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Den Här Thorn huet déi Carrière jo och gemaach!

**M. Emile Krieps** *(DP).*- Den Här Rau wëllt jo elo op Bréissel goen. Et as scho besser, dass hie fir d'Auslännerwalrecht as!

Op eisem Kongress hun dräi Stëmme gefeelt, da wär méng Theorie duerchgaangen, dass d'Auslänner d'Walrecht nët kritt hätten!

*(Interruptions diverses)*

Awer och an där Regirung, wou den Här Staatsminister derbäi war, vun 1979 bis 1984, hun déi zwou Parteie gesot - a souguer de Vertrieder vum LCGB, den Här Spautz, war domat d'accord - dass nët méi däerft vum Auslännerwalrecht geschwat gin. Dat as d'Geschicht!

**M. le Président.**- Här Krieps, erlaabt Der eng Fro vum Här Rau?

**M. Emile Krieps** *(DP).*- Jo!

**M. Fernand Rau** *(CSV), rapporteur.*- Här Krieps, ech beweisen Iech et elo schwaarz op wäiss, op Grond vun Dokumenter, dass Dir Leit, déi dat selwecht, wat Dir haut op dëser Tribün sot, virun 2 Joer op anere Plaze gesot hun, als Xenophoben an als Rassisten tituléiert hut.

**M. Emile Krieps** *(DP).*- Ech nët!

**M. Fernand Rau** *(CSV), rapporteur.*- Ech bréngen Iech dat schwaarz op wäiss!

**M. Emile Krieps** *(DP).*- Neen! Är Damm am Conseil communal huet gesot: Wann et den 30.000 Portugiesen nët am Land gefällt, solle se heemgoen! An dofir sin ech nët, well ech hun ënner 50% Italiéiner zu Déifferdang an den 20er Jore gelieft. Mir si gutt mat dene Leit gefuer an déi si glécklech hei, mä Är Damm géing déi Leit gären tyranniséieren! Dat as d'Wouerécht hei! Do as den Auslännerhaass! Awer ech hun d'Auslänner verteidegt, ech hun nët vum Walrecht geschwat.

Dir wësst jo, wat Är Leit um Telefon gesot hun; ech wëll nët dovunner schwätzen, soss kritt Der nach mat Ärer Partei hei Schwiregketen!

**M. Fernand Rau** *(CSV), rapporteur.*- Ech bréngen Iech et schwaarz op wäiss!

**M. Emile Krieps** *(DP).*- Här President. D'Regirung Santer-Poos huet sech dermat gebretzt, datt de Vertrag vu Maastricht sech haaptsächlech op den Text baséiert, deen ënnert der Lëtzebuerger Présidence am éischte Semester vum leschte Joer ausgeschafft gouf. Dofir dréit also dës Regirung d'alengeg Schold un deem skandaléisen Artikel 8 B!

**M. Fernand Rau** *(CSV), rapporteur.*- Dir widderspriecht Iech permanent! Et as jhust de Contraire vun deem, wat Der nach virun 2 Joer gemengt hut!

**M. le Président.**- Den Här Krieps huet d'Wuert.

**M. Emile Krieps** *(DP).*- Dat as guer nët wouer, et as nët vu mir vum Auslännerwalrecht geschwat gin, guer nët, well méng Haltung doranner as ëmmer fest gewiescht! Kommt Dir nët, well soss kréie mer nach e Gespréich herno!

*(Hilarité)*

Am Krich hun ech a méng ganz Familjen de Kapp duergehale fir d'Onofhängegkeet an d'Identitéit vun eisem Land! An dofir muss een och méng Haltung an där Saach do verstoen!

All déi Lëtzebuerger, déi den 10. Oktober 1941 fir Lëtzebuerg gestëmmt hun, all déi Lëtzebuerger, déi am September 1942 de Generalstreik géint d'Nazië matgemaach hun, an all Lëtzebuerger, déi ënnert Liewensgefor eis Jonge verstoppt hun, géifen doudsécher dësen Text nët stëmmen.

Dir kënnt mer natiirlech elo soen, mir sin nët méi an der Nazi-Zäit. Mir schwätzen hei iwwer déi selwecht Valeuren, déi mir géint d'Nazië vertrueden hun. Em wat fir eng Valeur geet et? Et geet ëm d'Identitéit vun eisem Land. An dat geet iwwer dee klenge Pouvoir, dee mir nach selwer kënne behalen, dorëm geet et! Dir kënnt sécher sin, datt déi Leit dat hei nët gestëmmt hätten!

Gitt emol ënner d'Leit, wann Der nët Är Gewerkschaftler oder Parteileit bei Iech hut! Déi meescht Leit dobausse fillen, datt se vun dëser Regirung verrode gi sin. An ech mengen dat och!

Erlaabt mir nach eng Propositioun ze widderhuelen, déi d'Association des Anciens Combattants an hirer Generalversammlung vum 16. Februar dëst Joer akzeptéiert huet an un den Här Staatsminister geriicht huet. Et handelt sech ëm d'Integratioun vun allen Auslänner, déi an eisem Land wunnen.

Onofhängeg vu Maastricht kënne mir nët nokucken, datt de Prozentsaz vun den Auslänner hei am Land ëmmer méi an d'Luucht geet. Dat geschitt och nach an den nächste Joren, well d'Lëtzebuerger hu jo d'Pëll nët gebraucht, fir manner Kanner ze hun. Dat as schon an eisem kathoulesche Land ouni d'Pëll gaangen.

Mir hun all Interesse drun, d'Auslänner esou schnell wéi méiglech ze integréieren. An dat geet am beschten iwwer d'Lëtzebuerger Nationalitéit. D'Auslänner mussen et erliichtert kréien, fir Lëtzebuerger ze gin. Da kënne si och fir d'Châmberwale mat stëmme goen a sech opsetzen. Well fir iwwer ee Walrecht kënnen ze verfügen, muss vis-à-vis vun engem Land eng „allégeance" bestoen. Hei as d'Definitioun vum Larousse: „Obligation de fidélité et d'obéissance envers une nation, un souverain". Déi Allégeance kritt een, wann een d'Lëtzebuerger Nationalitéit unhëlt.

D'Anciens Combattants, déi am Krich mat de Resistenzler fir d'lëtzebuergesch Identitéit agetruede sin, hu folgend Propositioune gemaach:

1. d'Aféiere vun der Loi du sol, d',,jus soli", duerch déi all Kand, wat op Lëtzebuerger Buedem gebuere gët, automatesch eis Nationalitéit kritt, ähnlech wéi am Frankräich, an England oder an Nordamerika;

2. d'Bäibehale vun der jëtzeger laangwireger Prozedur vun der Naturalisatioun, wou d'Châmber décidéiert, mä d'Erofsetze vun der Durée de résidence op 3 Joer;

Déi Prozedur dauert heiansdo méi wéi 2 Joer. Da kënnten déi Leit, déi dann hei iwwer déi laangwireg Prozedur gin, mat allen Avië lénks a rechts, an och déi laang Aarbecht, déi hei an de Châmberkommissioune gemaach gët, méi schnell Lëtzebuerger gin. Si däerften dann och näischt verlaangt kréien, wéi elo, wou d'Leit nach mussen 10.000 oder 20.000 Frang bezuelen, fir iwwerhaapt Lëtzebuerger ze gin.

**M. Jean Asselborn** *(LSAP).*- Dat as dach nët wouer!

**M. Emile Krieps** *(DP).*- Et as wouer an Dir wësst et och!

3. d'Aféiere vun enger beschleunegter Prozedur vun der Naturalisatioun no 10 Joer Openthalt am Land;

Den Auslänner riicht eng Demande un de Justizminister, deen no dem positiven Avis vum Parquet a vum Conseil communal dem Conseil de Gouvernement den Dossier iwwermëttelt fir d'Décisioun. Do kënnt een an 3 Méint d'Nationalitéit kréien. Dir wësst, wann een 10 Joer hei am Land wunnt, da wësse mir, wat déi Leit duerstellen a wéi se sech bei ons opféieren. Dofir misst een eng beschleunegt Prozedur maachen.

Dofir mengen ech och, et soll ee sech iwwerleën, ob een nët och op der Basis vun der Réciprocitéit d'duebel Nationalitéit soll zouloossen. Dat as och eng Fro, déi soll emol vun der Châmber a vun der Regirung am Fong ënnersicht gin.

Wa mir eis Verfassung an eist Gesetz iwwer den Indigénat an deem Sënn ofänneren, da kréie mir eis Ausländer aus alle Länner vill besser a méi séier integréiert.

Ech hu mer déi lescht Wochen oft d'Fro gestallt, firwat eis Regirung esou benzeg as, fir elo d'Ratifikatioun virzehuelen, anstatt e Referendum ofzehalen a bis den Hierscht ze waarden, fir ze gesinn, wat an denen anere Länner geschitt. D'Regirung Santer-Poos muss e schlecht Gewëssen hun, fir dëse Vertrag mat séngem schandhaften Artikel 8 B am Eiltempo stëmmen ze loossen!

Et wär gescheit, den Traité op e puer strittege Punkten ze renégociéieren. Wann een zum Beispill den Artikel 8 B géif eraushuelen, da wär de Widderstand a Frankräich a bei eis wäitgehend ofgebaut.

Ähnlech kënnt een op engem oder op deem anere Punkt Dänemark Satisfaktioun gin. As et nët himmelschreiend, wéi den negative Votum vum dänesche Referendum opgeholl gin as? Et waren nëmmen 48.000 Stëmmen, déi den Ausschlag gin hun! Déi aner 50% wäerte jo also nët méi zielen an der Iddi vu gewësse Leit!

De franséischen Ausseminister huet gesot, bis ausgangs dëses Joer wär Dänemark nët méi an der EG. Wann de Referendum a Frankräich negativ ausgeet, géif ee sech erkingen ze soen, Frankräich wär aus der EG ausgeschiden?

Den Här Delors huet Dänemark gedreet, hie géif elo sofort d'Agrarsubsidië sträichen. Vu wat fir enger Harespel as deen Här gestach?

Et muss mat alle Mëttele versicht gin, Dänemark an der EG ze behalen.

Ech hun den Här Ausseminister Poos sondéiert, ob hie bereet wär, den Artikel 8 B ze renégociéieren a falen ze loossen. Hien denkt nët drun. An dofir bestätegt sech dat, datt hien hei nëmme wéi eng Marionett an de Ficellë vum OGB-L hänkt an dass hien den Haaptschëllegen as un där ganzer Operatioun!

Ech hätt proposéiert, d'Ofstëmmung Kapitel no Kapitel virzehuelen, da kréichen eis Deputéierten d'Geleënheet, sech vum Verrot vun dëser Regirung un eisem Land ze distanzéieren. Mä ech weess, datt Dir nëmmen ee Votum hei iwwer dee ganze Projet zouloosst. An dofir huelen ech nët un der Ofstëmmung deel. Dat gëlt och fir sämtlech Resolutiounen, ouni Ausnam.

Den Här Staatsminister Santer as heiansdo nët frou, wann ech irgendwéi e Sproch virliesen, speziell wann et en auslännesche Sproch as. Hien huet vu Spréchelcher geschwat, déi ech géing bréngen.

Ech géing u séng Adress och e Sproch virliesen, an dat wär den Ofschloss vu ménger Interventioun. Dat wär esou eng „lecture de chevet", déi hien och kënnt weiderreechen u séng Ministerkollegen: „With public sentiment on its side everything succeeds, with public sentiment against it nothing succeeds." Dat war vum Abraham Lincoln.

**M. Jacques Santer,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Dat huelen ech mer och zu Häerzen, Här Krieps!

**M. Emile Krieps** *(DP)*.- Dir wäert Iech wonneren, wat d'Leit dobausse vun Iech a vun dëser Regirung halen!

**M. le Président.**- Den Här Ausseminister huet d'Wuert gefrot.

**M. Jacques F. Poos,** *Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération*.- Här President. Ech wollt dem Här Krieps ee Wuert äntweren.

Selbstverständlech huet den Här Krieps, grad wéi all Deputéierten, d'Recht, fir hei am perséinlechen Numm séng Menung zum beschten ze gin, och wann et mat demagogeschen a provokatoreschen Argumenter as.

Dat, wat hien iwwer d'Regirung an iwwer méng Persoun gesot huet, dat fannen ech éischter amusant. Mä wat ech him nët verzeien, dat as, dass hien déi Lëtzebuerger mëssbraucht, déi am leschte Krich hiirt Liewe verluer hu géint d'Naziën, fir séng Thesen hei ze ënnermaueren!

Et as jhust, well mer keng esou eng Kricher méi wëllen, wou den Traité vu Maastricht négociéiert gin as a wou mer d'Châmber bieden, en ze stëmmen!

**M. le Président.**- Dorobberhin wëll ech eis Diskussioune vun de Muere bëendegen.

Ech géif Iech proposéieren, de Mëtteg ëm 14.30 Auer erëmzekommen. Den éischten ageschriwwenen Orateur as den honorablen Här Robert Angel.

D'Sitzung as eriwwer.

*(Fin de la séance publique à 12.25 heures)*